

# An d'Kanner loossen hire Kaffi ston! *

## Relioun, Traditioun a Fester

* Michel Lentz,
Den Hämmelsmarsch

D'Fester am Joreskrees hu bal ëmmer mat enger Mass ugefaangen. D'Relioun huet zum Liewe vun all Dag gehéiert. Scho fréi sinn d'Kanner mat an Kierch gaangen a wann d'Jongen al genuch waren, goufe se oft Massendénger.



De Paschtouer an d'Massendénger an der Donatus-Prëssessioun zu Pënsch, 1948

# Ech war Massendénger

D'Relioun huet deemools vill méi eng wichteg Roll gespillt ewéi haut.

Am Duerf waren 3 Autoritéiten, de Buergermeeschter, deen demokratesch gewielt war, de Paschtouer an d'Léierin oder de Schoulmeeschter. De Paschtouer huet duerch seng Perséinlechkeet awer ëmmer d'Léierpersonal dominéiert.

Mir hunn all Dag mussen an d'Mass goen. Sonndes ausserdeem nach an d'Vesper an owends an eng Andacht. A wann s de net do waars, dann has de heiansdo déck Problemer. Ech war Massendénger a wéi ech an d'8. Schouljoer komm sinn, war ech méi grouss wéi de Paschtouer an dat hat deen net besonnesch gär.

E ganz besonneschen Dag, dat war de Bietdag. Déi Zäit gouf et och nach den „Ablass". Je nodeem wéivill datt ee gebiet huet, krut een 30 Deeg oder ee Joer „Ablass". Mir Massendénger waren déi domm bei der Saach. Mir souzen de ganzen Dag an der Kierch.

Et hat een och emol eng Paus. Eng Kéier si mer du bei de Weier spille gaang an hunn d'Zäit vergiess. Dat huet de Paschtouer gemierkt an huet deen Eelste geschéckt, fir ons sichen ze kommen. An du sinn et der op d'Ouer ginn.

Ech hunn och déi Zäit, wou ech Massendénger war, d'Klacke gelaut. Ech hat keng Auer an ech weess nach haut net, wéi dat méiglech war, datt dat ëmmer geklappt huet. Et war och néierens am Duerf eng Auer an dofir ass et dann och net ëmmer esou genau gaang. Ech hu schrecklech gär gelies a wann ech am Tuerm eropgeklomme sinn, hat ech nach d'Buch am Grapp.

Eng Kéier, datt mer ëm hallwer 12 fräi haten, si mir nach an de Bësch no de Kuebe kucke gaang an ech hu geduecht, et ass nach gutt Zäit fir ëm 12 Auer ze lauden. Mir hunn d'Zäit vergiess a wéi mer geduecht hunn, et wär esou lues Mëtteg, si mir laude gaang. Op eemol sinn d'Leit op d'Strooss gelaf an hu sech gefrot: wat ass dann elo geschitt? Du war et schonn hallwer zwou, wéi mir d'Mëttesklack gelaut hunn.

Wann ee gestuerwen ass, da si mer de Rousekranz biede gaang a mir sinn och an d'Haus seene gaang. De Verstuerwenen ass am Haus opgeboort ginn. Direkt wann een erakomm ass, waren den Hausgank an d'Dier schwaarz verhaangen. Dobannen hu Käerze gebrannt an d'Famill stong do, dat war eng gelungen Atmosphär, richteg makaber. Iwwerall stounge Blummen an och d'Zëmmer war mat schwaarzen Dicher verhaang. Et waren der och alt déi schwaach gefall sinn. Mir stongen dann do 10 oder 15 Minutten. Duerno si mir an d'Kierch gaang, wou de Rousekranz gebiet ginn ass. An dat 3 Deeg hannereneen.

***Théo Pletschette vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vu senger Kandheet zu Wahl***



Massendénger vun Hamm ëm 1944
Vu lénks no riets: Ferdy Dumont, Romain Theisen
Francy Dumont, Laurent Drees



D'Nidderweeltzer Massendinger „an Zivil", vo leenks no rechts:
hannen: Engelmann Clem, Mayländer Henri, Engelmann Luss, Balthasar René, Schneider Erny, Scheer Joseph;
virdraon: Lavandier Uji, Trierweiler Jang, Arend Emil, Grisius Josy;
op den Huppen: Jung Pierre, Eschette Claude (?) an Asselborn Antoine

# Dat schwéierst waren d'Gebeeder

No der éischter Kommioun koons de Massendinger ginn. Déi Charge war nëmmen eng Saach fir Bouwen. D'Meedercher waren dämools nach nik zougelooss, grad ewéi am Kierchegesank, dat en exklusiven Häreclub war. D'Schoulschwesteren honn sech ëm eis Kläder gekëmmert: rout Räck fir d'ganzt Kierchejor, schwaorzt Gezei fir Doudemassen a Begreewnisser, an och fir Allerséilen, wann ech mech nik iren. Déi éischt Zäit sotz de op der leenkser Säit an hoss gutt opgepasst, wat de Kolleg op der rechter Säit gemach hott. Dat schwéierst waren am Aofank d'Gebeeder: de Confiteor an de Suscipiat. Beim Confiteor gouf et eng éischt Halschent, déi dann an engem annere Kasus widerholt gouf. De Suscipiat war nik nëmme fir mech am schwéiersten. Do hoss de der dax om Altor knéie gesinn, déi de Kapp ëmmer méi déif an d'Fale vom Surplis gebéckt honn, fir hiert onorthodoxt Gegrommels onverständlich ze maachen.

A feierliche Massen, Vesperen an Andachte koum d'Wäirauchfaass an den Asaz, an d'Schëffelche mam Wäirauch dran, an engem Läffelche, fir d'Kärercher op d'Kohleglous am Faass ze sträen. D'Rauchfaass schwänke war eng Koonst, bei deer een den anneren iwwertrompe wolt. Wann de Wee, dän et vo rechts no lénks gemaach hott, iwwert 180 Grad erausgung, gouf et geféierlich. Dann hott d'Faass alt emol e Koplabunz geschloen, an déi gligdigrout Kohle sënn iwwert de rouden Tapis gerullt. An da konnt de Massendinger sich no der Mass op „biblisches Heulen und Zähneknirschen" bei eisem strengen Här Däsche gefaasst halen.

D'Klacke goufen nach op der Hand gelagd. Dat war dem Koster seng Aorbicht. Wann om Feierdag zu Haf gelagt gouf, war de gudde Mann frou, wann een oder zwéi Massendinger eng Hand mat aogepakt honn.

D'Klackesäl hat bis zu 5 cm Durichmässer an om ënnichte Wutz e Knot drop. Wanns de d'Klack richtig am Schwonk has, koons de et riskéieren, dich op de Knot ze setzen, wann d'Säl am déifste war, fir dono om Säl mat an d'Luucht gehowen ze ginn. Dat war da bal wéi op der Kiermes op de Stillercher.

***Joss Scheer vu Wooltz, Joergank 1939***





**De Gesangveräin huet d'Masse verschéinert. E Kannerchouer gouf et just a gréisseren Uertschaften.**

# Am Kannerchouer

Bei eis doheem ass ëmmer gesonge ginn. Mäi Papp war e ganz musikalesche Mann an esou ass et kee Wonner, dass ech schonn am Alter vu 7 Joer an de Kannerchouer vum Déifferdenger Kierchegesang goung, wou mäi Papp och Member war.

1940 gong et do anescht. Dat aus zwou Ursachen. Éischtens well bei de Preise bal all Veräinsliewe verbuede wor, mat Ausnam vu verschidde Veräiner, déi ënner Nazidirektioun stungen. An d'Liewe vun der Kierch hunn si sech awer net agemëscht, sou dass fir mech de Kierchegesangveräin déi eenzeg Méiglechkeet war. Déi aner Ursach wor, well am Joer 1940 en neie Kaploun, den Här Jacobs, op Déifferdeng koum, deen d'Musek am Häerz hat an dofir och Dirigent vum Cäcilieveräin gouf. Him ass et gelongen, eng gutt Dose Bouwe fir de Kannerchouer ze fannen an ënnert senger Direktioun huet de behäbege Männergesang en neien Essor fonnt.

Mär woren alles Bouwen am Alter vun 8 bis 13 Joer a keen hat eng musikalesch Grondausbildung. Dofir huet den neien Dirigent eis zweemol an der Woch an der Sakristei versammelt, fir eis d'Rudimenter vum Solfège bäizebréngen. Hien huet eis och e bësse mam Gregorianesche Choral bekannt gemat. Am Ufank hu mer dann zweestëmmeg Lidder

geprouft (Sopran an Alt), dono koum dee grousse Sprong. Mär hu mam Männerchouer zesumme véierstëmmeg Masse geléiert an no méintelaangem Prouwen och gesongen. Ech erënnere mech éiweg un dat éischt Wierk: Vierstimmige Messe für gemischten Chor von Filke. Eisen Dirigent hat méi Schwieregkeete mat de Männer wéi mat eis Bouwen, mä et ass gaangen. Hien huet ënnert anerem och Profanmusek mat engem geeschtlechen Text versinn an esou zum Beispill aus dem Grieg sengem „Olav Trygvason" en „Te Saeculorum Saeculi" gemat, wou ech d'Éier hat, de Solo ze sangen, deen ech nach haut auswënneg kennen. Deen haut allersäits bekannte Jos. Kintzé war och bei eis am Männerchouer an hat ënner anerem e véierstëmmege „Magnificat" komponéiert, dee mer trotz immense Schwieregkeete färdeg bruet hunn. Eise Repertoire wor grouss. Mer hu Wierker vum Bach, Beethoven, Mozart an dem Händel säin „Alleluja" gesongen. Ech froe mech nach haut, wou eisen Dirigent déi vast musikalesch Kultur hier hat.

An eisem Chouer wor eng excellent Disziplin, déi mär Jongen ouni ze mucksen acceptéiert hunn, wat alt erëm beweist, dass eng intelligent Féierung enorm vill Guddes mat der Jugend ereeche kann.

Sou huet de Bouwechouer eis vill Freed gemat. Mär haten eng éischtklasseg Fräizäitbeschäftegung an hu vill Guddes bäigeléiert. Mir hunn och de Kierchegänger vun Déifferdeng mat eise Kannerstëmmen e bëssen Trouscht a Liicht an den däischtere Krichsalldag bruecht.

Mä aus Bouwe gi Männer an am Alter vun 13 bis 15 Joer briechen d'Stëmmen an et ass eriwwer mam Kannergesang. No der Liberatioun war et fir mech esou wäit an ech konnt net méi am Kannerchouer matsangen. D'Befreiung vum Nazijoch huet et awer och mat sech bruet, datt erëm aner Veräiner do waren an den Zoulaf zum Kannerchouer huet nogelooss. Et goufen aner Distractiounen. Dann ass och dee groussartegen Dirigent, de Kaploun Jacobs, op Esch versat ginn an eng Ära war zu Enn.

***John Weber vun Zolwer, Joergank 1930, erzielt vu senger Kandheet zu Déifferdeng***



Leider gëtt et keng Foto vum Déifferdenger Kannerchouer. Hei ass eng Foto vum Männerchouer vun 1946, wou de John Weber (3. vu riets) scho mat 16 Joer derbäi ass







D'Muttergottes vu Fatima gëtt 1947 an enger feierlecher Prëssessioun duerch Maarnech gedroen

1947 gouf d'Muttergottes vu Fatima an enger grousser feierlecher Prëssessioun vu Portugal op Maastricht gedroen. Am Summer ass si och duerch Lëtzebuerg komm.

# D'Muttergottes vu Fatima

Am August, freides owes, um 10 Auer ass d'Muttergottes bei eis ukomm. Déi Réimecher Leit si si uewen an den Primerberg bei Greiveldengen ofhuele gaang. An der Prëssessioun, de Rousekranz gouf gebiet, goung et an déi Réimecher Kierch.

Samschdes muerjes ass am Schoulhaff en Altar opgerit ginn an um 10 Auer gouf eng feierlech Mass gefeiert. No der Mass hunn ech mat enger Grupp vun de „Jongmeedercher" d'Muttergottes op Bech-Maacher gedroen. Esou ass se vun Duerf zu Duerf duerch d'Land gaangen. Grouss a Kleng ware mat Begeeschterung dobäi!

***Andrée Hansen-Rhein vu Bous, Joergank 1932, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech***

**D'Kanner hunn net ëmmer alles richteg verstanen. Si hu sech hiert zesummegereimt, sou wéi d'Mariette Leuck, déi sech mat deene villen Hellegen e bësse verdoen hat.**

# Ich habe noch nicht zum heiligen Sternberg gebetet

In meiner Kindheit war es natürlich, dass der Tag mit dem Abendgebet endete. Nachdem Großmutter mich ausgezogen und mit dem Lappen gewaschen hatte, schlüpfte ich meist in ein blaues Nachthemdchen und wurde in das Gitterbett zwischen Wand und Schrank gelegt. Bevor das Licht ausging, betete ich: „Heiliger Schutzengel mein...", „Abends wenn ich schlafen geh, 14 Englein um mich stehn...", „Jesus Daifchen..." und „Jesus, dir leb ich, Jesus, dir sterb ich..."

Eines Tages wollte Großmutter nach dem „Jesus Daifchen" hinausgehen. Ich rief sie zurück: „Ich habe ja noch nicht zum heiligen Sternberg gebetet" – „Was sagst du da?" –„Ich habe noch nicht gebetet, dir leb ich, dir Sternberg"."

Eine Weile war es still, dann sagte sie: „Das lassen wir jetzt sein. Nun schläfst du. Wenn die Morgenglocke läutet, komme ich dich holen. Solange bleibst du da liegen." Das Licht ging aus und fortan gab es keine Anrufung des heiligen Sternbergs mehr.



Owes virum Bieden hunn d'Kanner de Fanger an d'Wäiwaasser gezappt

Nach Allerheiligen sah Großvater eines Tages in die Zeitung und sagte: „Ach was, hier ist ein Porträt von Sankt Nikolaus und er stellt seine Sachen bei Sternberg aus." Die Bemerkung klang nicht nach Zustimmung, doch ich wollte natürlich Sankt Nikolaus sehen. Es handelte sich um eine Tuschzeichnung. Ich erfuhr die Bedeutung von Mitra und Hirtenstab als Zeichen des Bischofsamtes. Aber ich hätte lieber gehabt, man hätte mir mein eigenes Nikolausbild gelassen.

Hatte Großmutter neulich nicht gesagt, der „Meister" der Kirche bei uns sei der Bischof in der Stadt? Weshalb stellte denn Sankt Nikolaus seine Spielsachen bei Sternberg aus, der ein großer Laden sein sollte? Weshalb ging er nicht zu seinem Mit-Bischof? Sie hätten ja dann gemeinsam die Kinder besuchen können.

Irgendwie war ich von Sankt Nikolaus und dem Bischof in der Stadt enttäuscht. Doch das konnte nicht sein... vielleicht war Sternberg doch ein großer Heiliger, auch wenn ich nicht mehr zu ihm zu beten brauchte. Eine Antwort erhielt ich nie. Die Enttäuschung aber löste sich spätestens am Nikolaustag auf, im Duft von Lebkuchen, Spekulatius und ausnahmsweise Kakao zum Frühstück.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, bei hire Grousselteren zu Blaaschent***



De Kleeschen kuckt a sengem Buch, ob d'Kanner sech och gutt geschéckt hunn







An der laanger Wanterzäit waren Niklosdag a Chrëschtdag ganz besonnesch Fester. Scho Wochen am viraus hunn d'Kanner sech drop gefreet. Déi, déi net ëmmer esou brav waren, hu sech awer och heemlech Gedanke gemaach.

# Am Houseker sengem däischtere Sak

Bei eis ass ëmmer Wäert op Niklosdag geluecht ginn. Dat war fir d'Kanner dat grousst Evenement. Mir kruten nëmmen – haaptsächlech aus finanzielle Grënn – Saachen, déi meng Eltere selwer gemaach haten. Mäi Papp war Woner an hat ganz geschéckerlech Hänn. Hien huet dann esou Weenercher gebaut, Baukasten och selwer gemaach. Meng Mamm huet gebak, allerlee Kichelcher mat schéine Glasuren drop. Si huet sech eng onwahrscheinlech Méi ginn.

Ech war bekannt als duerchdriwwenen Hond. Ons Nopesch Eugenie war eng Wiertsfra, déi mat all Waasser gewäsch war, grouss a staark. Si wousst alles, wat ech gestëbst hat an si huet dann den Houseker gespillt. Deen huet och mat de Kette gerabbelt, wann en erakomm ass. Dat war fir eis ganz impressionnant.

Eng Kéier hat den Houseker et färdeg bruecht, mech an de Sak ze stiechen an huet mech bis an den Ausgank vum Duerf gedroen. Beim Bësch huet e mech lafe gelooss. Mir war et net méi egal, sou laang an deem däischtere Sak an ech war frou, wéi ech nees doheem ukomm sinn.

Chrëschtdag ass natierlech e Chrëschtbeemche gemaach ginn a mir hu Chrëschtlidder gesong, awer et ass net esou vill gefeiert ginn. Et war ee jo schonn eng Éiwegkeet an der Kierch a mir haten ës duerno genuch. Och Ouschterdag war et e bëssen ze vill. Déi Mass huet da bis zu 3 Stonne gedauert.

***Théo Pletschette vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vu senger Kandheet zu Wahl***

Wéi mer nach um Boulevard de Verdun gewunnt hunn, koum mäi Papp de 6. Dezember mueres an huet gesot: „Kanner, de Kleeschen huet iech e Bridderche bruecht."

***Nicole Jung-Wolfers***



# Winterfeste

Im Leben kleiner Kinder waren damals zwei Feste besonders wichtig: Weihnachten und Ostern. Auf Namenstage wurde man höchstens hingewiesen. Vielleicht erzählte ein Familienmitglied, der Lehrer oder Pfarrer eine Begebenheit aus dem Leben des heiligen Schutzpatrons und endete mit einer Ermahnung zum Bravsein. Von Geburtstagen ging kaum die Rede. Aber, wenn nach dem Allerheiligenfest – dem Fest aller Patrone – die Tage kurz waren und abends der Himmel glühte, stand fest, dass die Engel nun für den hl. Nikolaus und das Christkind zu backen anfingen. Bald sangen die Kinder in der Schule: „Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen...", „ Nikolaus ist ein guter Mann", „Am Uewe potert d'Feier", „Lustig, lustig trallera lala". Ein Schleier freudiger Erwartung legte sich über das Land. Wir zählten die Tage und vor allem die Morgen, an denen wir bis zum großen Tage noch aufstehen mussten. Wir waren abends still und horchten in die Nacht hinaus, denn der Hoseker ging um. Vielleicht konnte man auch das Klappern der Hufe des Esels hören. Ihm gebührte absolut eine Ration Heu vor der Hintertür. Und es konnte durchaus sein, dass das Heu am Morgen verschwunden war und ein Plätzchen im bereitgestellten Schuh lag.

Am großen Tag selbst schlichen wir nach einer unendlichen Nacht in die Stube, die nun nach Lebkuchen duftete. Neben den Tellern lagen neue Farbstifte, ein Baukasten, vielleicht ein Püppchen zum Anziehen und manchmal ein Bilderbuch. Die Teller aus Großmutters guter Stube waren gefüllt mit Spekulatius, ein paar Schokoladenplätzchen, „Boxeknäpp" und, oh Wunder, mit denselben Äpfeln und Nüssen, wie sie auch im Garten wuchsen. Wir hatten also eine Himmelswiese hinter dem Haus! Besser noch, die Engel konnten dieselben Törtchen backen wie Großmutter, Mutter und Tante. Manchmal hing an ihnen noch ein Engelshaar – oder war es aus dem Schwanz des Esels? Das Geheimnis wurde nie gelüftet. Es blieb einfach himmlisch.

Irgendwie gehörte Sankt Nikolaus zu Weihnachten. Denn es folgten nun die Tage, an denen der Himmel die Erde fast berührte, die Nächte unendlich lang waren und die ersten Schneeflocken in der Luft tanzten. Die Kinder in der Schule sangen nun am Freitagnachmittag: „Ihr Kinderlein kommet", „Stille Nacht", „Oh Tannenbaum". Ganz besonders gefiel mir: „Ein Kind geboren zu Bethlehem, des freuet sich Jerusalem". Denn Bethlehem und Jerusalem dufteten einfach nach fernen Horizonten und weiter, geheimnisvoller Welt. Bald ging



Iwwer e gutt gefëllten Teller hunn d'Kanner sech gefreet



Net an alle Familljen huet de Kleeschen et esou gutt gemengt



Déi aarme Kanner an Afrika sinn och net vergiess ginn





ich auch mit Großvater in den Tannenwald. Wir sahen uns die kleinen Tannen an, und wenn es da ein Bäumchen gab, das die anderen rundherum zu ersticken drohten, war dies eine verfolgte kleine Tanne, die Christbaum werden musste. In den kommenden Tagen und Wochen besuchten wir sie, sahen, ob sie schön dunkelgrün war und vielleicht sogar kleine Zapfen hatte. Wir hoben Zapfen vom Boden auf, sahen, wo die Samen saßen oder ob ein Eichhörnchen daran geknabbert hatte. Doch dann musste ich sie wieder hinlegen, denn sie waren Nahrung für so manche Wildtiere. Am Tag vor Weihnachten nahm Großvater die Säge mit und ich half, das Christbäumchen nach Hause zu tragen. Über Nacht kam das Christkind und am Morgen stand das Bäumchen mit Kugeln und Ketten behangen auf dem Stubentisch. Darunter lagen wieder Äpfel und Nüsse, wie sie auch in unserem Garten wuchsen. Das Christkind hatte einen neuen Schal oder ein Nachthemd gebracht. Einmal aber traute ich meinen Augen kaum: da lagen zwei gelbe Gurken, über die ich laut lachte. Großvater aber sagte, dies seien keine Gurken, sondern Früchte aus einem fernen Land und sie hießen „Bananen". Ich stellte mir nun vor, dass sie bestimmt in Bethlehem oder Jerusalem gepflückt worden waren, denn im Lied hieß es ja, dass das Kind dort geboren sei. Es brauchte sie also nur mitzubringen.

Ich wartete auch mit Spannung auf die Drei Könige, die Gold, Weihrauch und Myrrhe brachten und von denen ich



D'Krëppchen an der Kierch zu Fëlschdref, 1949

gehört hatte, sie seien über die Weihrauchstraße gekommen, aus einem Land, das Morgenland genannt wurde. Ein solcher Name war einfach zauberhaft, voller Licht, wie der Stern im Osten, dem sie gefolgt waren. Nun gab ich gut Acht, ob man auch merkte, dass die Tage morgens und abends um einen Hahnenschrei länger würden.

Das Christbäumchen aus dem Wald lag nicht traurig herum, nachdem es seine Nadeln verloren hatte. Nein, die heiligen Drei Könige hatten es mitgenommen, weil es im Morgenland keine Tannenbäume gab und es deshalb für sie etwas ganz Besonderes war.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, bei hire Grousselteren zu Blaaschent***



Déi blenkeg Bullen um Beemchen hunn déi kleng Kanner faszinéiert





Groussherzoginsgebuertsdag gouf deemools nach den 23. Januar gefeiert.

# Den éischten Nationalfeierdag no der Liberatioun

Wochelaang virdru schonn hate mir an der Schoul auswenneg geléiert a geprouft, den 22. Januar 1946 woar et sou wäit: an der Salle Baldauf zu Réimech ass grouss gefeiert ginn. Virum Portrait vun der Grande-Duchesse Charlotte stonge mir zu fënnef um Podium, am sonndesse Gezei, mat rout-wäiss-bloe Fändelcher an der Hand.

An der éischter Rei de Buergermeeschter, den Här Marold, mat de Scheffen, den Här Deche Ries mat de Kapléin, dann d'Léierpersonal an all d'Schoulklassen. Den Här Maas aus der Oberprimär huet d'Gäscht begréisst an du hu mir eist Gedicht opgesot.

*„Mir sinn déi Jéngst vu Lëtzebuerg,*
*ma Lëtzebuerger duerch an duerch"*

Dat woar de Refrain, deen hunn ech fir ëmmer verhal.

Riede si gehal ginn, iwwer Fräiheet an Onofhängegkeet. Duerno hu mir all zesumme gesong: *„Zwee Kinnekskanner, déi trei sech léif..."* Als Ofschloss si mir opgestan fir d'Heemecht: *„Looss viru blénken d'Fräiheetssonn..."*

Mir woare Kanner, awer mir hunn et gespiert: dat do ass eppes ganz Wichteges.

---

Owes woar Fakelzuch mat alle Veräiner. Mir Kanner haten e Lampion. D'Musek huet de Feierwon gespillt an d'Haiser woare beflaggt, rout-wäiss-blo a mam roude Léiw.

Den aneren Dag, ëm 11 Auer hunn d'Klacke feierlech fir den Te Deum gelaut, wéi de Buergermeeschter an de Gemengerot mat Frack, Schärp an Dunn de Cortège an d'Kierch geféiert hunn. D'Veräiner, d'Douane an d'Gendarmerie am Gala woaren derbäi a mir Schoulkanner. D'Musek huet e Marsch geblos.

D'Leit sinn an déi beliichte Kierch gestréimt. Iwwerall hu Käerze gebrannt, am hellste virun der Gottesmamm an hirem schéinste Kleed: *„O Mamm, léif*

*Mamm*“ huet d’Uergel gespillt. Op en Zeeche vun der Schwëster Cyrille hu mir all matgesong mam Kierchegesang.

Um Altor stungen den Här Dechen an d‘Kapléin, a goldene Gewänner an d’Massendénger am roude Räckel mat wäissem Surplis. Et huet gutt no Wäirauch gericht. Alles ass opgestan: „*Te Deum laudamus te*“. Nom Seegen hu mir nach eng Kéier gesong: „*O du do uewen, deem seng Hand…*“

Ni méi, an all deene Joren duerno ass esou iwwerzeegt gebiet an esou dankbar gesong ginn, wéi dësen éischte Gebuertsdag nom Krich.

D’Gemeng huet e Patt zum Beschte ginn, an a „Brouder“ woar Danzmusek. Nomëttes huet meng Mamm Nonnebréidercher gebak, déi éischt am Joer.

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***



Den Te Deum 1946 an der Kathedral: den éischten Nationalfeierdag nom Krich hat eng ganz besonnesch Bedeitung





# De Roude Léiw

In den Nachkriegsjahren feierten wir „Kinneksgebuertsdag“ auch tatsächlich am Geburtstag von Großherzogin Charlotte, am 23. Januar. Die Atmosphäre war anders als heute. Es war kalt, die Tage hatten eben erst angefangen, länger zu werden, und wer abends zum Fackelzug wollte, musste sich warm anziehen. Eine gewisse Feierlichkeit lag in der Winterluft. Fernsehen gab es damals noch nicht, doch mein Vater machte Radio-Reportage. Dazu stand er mit zwei Technikern, einem Übertragungswagen und seinem Mikrofon an einer Straßenecke. Eines Tages nun sagte er, wir könnten uns alle den Fackelzug ansehen. Nicht weit von seinem Platz entfernt hatten Freunde ihm ein Fenster für seine Familie angeboten. Mein Schwesterchen war damals noch nicht da. So bestand die „Familie“ aus Mutter und mir, sowie der Tante, die uns besuchte.

Am Nachmittag wurde ich warm verpackt und ging mit Tante Susi spazieren. Erst nach Helfenterbrück, wo die Straße über die Eisenbahnstrecke führt. Hier sahen wir von weitem eine qualmende Lokomotive. Wir warteten und konnten dann von oben herab auf den Zug sehen. Es war ein langer, langer Güterzug. Ich konnte damals bis 10 zählen und musste immer wieder von vorn auf meinen Fingern anfangen, ein Wagen nach dem anderen … Der Zug transportierte Eisenstangen, Kohlenhaufen, Fässer, Kisten, … Hinten kam noch einmal eine Lokomotive, die anscheinend drücken musste, weil die erste nicht stark genug war. Zwei Männer winkten uns zu. Tante Susi sagte, dies seien Maschinist und Heizer. Als der Zug verschwunden war, fuhren wir mit der Trambahn zur Stadt, um die Schaufenster zu sehen. Hier lächelte die Großherzogin zwischen roten und blauen Kochtöpfen, weißen Tassen und Krügen. Dort stand sie zusammen mit ihrem Mann, hatte einen Pelz um oder eine lange Perlenkette. Vor dem Porträt lag zwischen Büchern eine rot-weiß-blaue Fahne. Andere hatten dem Bild eine Schleife umgebunden und rot-weiß-blaue Narzissen aufgestellt. Ehrlich, mich befremdete das Ganze. Mir war kalt und ich freute mich, als ich in der Straßenbahn saß und nach Hause fuhr, wo ich noch etwas schlafen sollte und dann gut essen musste, weil am Abend ja Fackelzug war … Da würde ich nun einen besonderen Wagen mit dem roten Löwen sehen. Ein solches Tier aber konnte ich mir nicht vorstellen. Bei Spaziergängen mit Großvater im Wald hatte ich Kaninchen gesehen, von weitem ein Reh, ein Hase hoppelte im Feld. Wir sahen, wo die Wildschweine sich gewälzt hatten. Doch

Löwen … In „Schmeils Tierkunde“ war die Tuschzeichnung eines Löwen in schwarz-weiß. Als ich einige Tiere, auch den Löwen, mit dem roten Korrigierstift ausgemalt hatte, bekam ich eine Rüge. Einmal hatte ein Lehrer-Kollege Großvaters mir einen Schokoladenriegel mitgebracht. Darin lag das Bild eines Löwen, doch der war gelb, hatte einen großen Kopf, und ich begegnete ihm lieber nicht im Grünewald.

Ich blickte nun vom Fenster hinab auf die Straße – aber es kam kein Zug, sondern nur Blasmusik, geschmückte Lastwagen, Fackelträger fuhren oder marschierten vorbei. Auf meine Frage, wann denn der Zug komme, antwortete mir Mutter, auch ein solcher Vorbeimarsch sei ein „Zug“. Und dann kam er, der Rote Löwe. Unten ging ein Raunen durch die Menge. Auf dem hinteren Teil eines Lastwagens stand eine große Tiergestalt. Ich erinnere mich nicht mehr, ob sie aus Sperrholz geschnitzt oder aus Stroh geflochten war. Auf jeden Fall aber war sie leuchtend rot und glich meinem Freund, dem Hofhund Tella. Nur - Tella machte nie „Männchen“, auch nicht um eines Happen Fleisches willen. Er hatte auch einen buschigeren Schwanz und hätte die Schleife daran abgeschüttelt. Es war eine rote Schleife genau wie die, die man kleinen Mädchen an Festtagen im Haar zumutete.

Die Straße war noch gepflastert und so schaukelte der arme Löwe auf seinem Podium gefährlich hin und her. Gut, dass der Wagen langsam fuhr. Außer uns hatte die Familie noch Gäste, und ich fühlte, dass ich den „Roude Léiw“ hätte bewundern müssen. Aber – ich stellte mir Tella in einem solchen Aufzug vor und lachte, laut, voll heraus … Mutter rügte mich, Tante schämte sich, aber ich lachte bis der rote Löwe um die Ecke gewankt war und hinten wieder eine Blaskapelle flötete.

Die Gäste bemühten sich, über andere Dinge zu sprechen, den Fackelzug gebührend zu bewundern und die angebotenen Plätzchen zu loben.

Als Vater uns abholen kam, war er starr vor Kälte und freute sich über eine Tasse Kaffee, den es jetzt wieder im Handel gab. Er nahm mich aufs Knie und fragte, was ich heute denn Schönes gesehen hätte. Ich antwortete: „Den Zug“ – „Ja, natürlich den Fackelzug“, meinte eine Dame. „Nein, einen richtigen Zug mit 2 Lokomotiven und sooo vielen Wagen.“ Dabei zeigte ich immer wieder meine 10 Finger, an denen ich ja abgezählt hatte. Verlegenes Schweigen. Vater unterdrückte ein Lachen. Dann sagte er: „Und der „roude Léiw“?“ Ich zögerte, wollte nicht noch einmal gerügt werden. Aber ich kam um eine Antwort nicht herum, denn die Frage kehrte wieder. Mutter und Tante sahen sich an. Ich arbeitete mich vom väterlichen Knie hinunter auf den Fußboden und sagte etwas trotzig: „Ja, ich habe ihn gesehen, aber Tella ist schöner.“ Ich glaubte zu spüren, dass Vater wieder ein Lachen unterdrückte. Von ihm bekam ich keine Rüge. „Na, ja“, sagte er nur.

Mutter nahm unsere Mäntel vom Haken, bedankte und entschuldigte sich und wir fuhren mit der ersten beflaggten Straßenbahn nach Hause. Damit hatte sich die Sache erledigt. Fackel- und ähnliche Züge mutete mir niemand mehr zu und ich tue sie mir bis heute nicht an.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, erzielt vun hirer Kandheet zu Märel***



Direkt nom Krich huet d’Groussherzogin déi zerstéiert Dierfer besicht an ass mat grousser Begeeschterung empfaange ginn

Wann d'Deeg schonn erëm e bësse méi laang gi sinn, war Liichtmëssdag. D'Kanner hu sech zesummegedoen, fir den Tour ze maachen.

# Déi Hämmer Jongen gi liichten

Liichtmëssdag: scho laang gouf sech op dësen Heeschendag gefreet. Mir hunn d'Liichtebengele preparéiert: eng Ficelle, déi am flëssege Käerzewues gezappt war, gouf dofir uewe ronderëm e Bengel gewéckelt. Muerges no der Schoulmass hat de Paschtouer eis mat zwou Käerzen iwwerkräiz den Hals geseent. Am Nomëtteg sinn ech mat mengem Brudder a mat Kosengen op den Tour gaangen. Et war nach hell, wéi mer den Äppelwee erof getrëppelt sinn.

Bei der Barrière huet d'Barrièresfra, d'Madame Braun, et besonnesch gutt mat ons gemengt a jiddwerengem eng grouss Tut Fuesendsbréidercher an den Aarm gedréckt. Si hat onst Lidd: „ Hei sinn déi Hämmerjongen, si kommen hier gesprongen, si heesche Fuesendsbréidercher, ee Pond, zwee Pond..." wuertwietlech geholl. O jeminee, wat war ech domadder gehäit; de ganzen Owend um laangen Tour dee Pak musse matschleefen! Hei koum jo net mäi grousse Koseng Odems Jos, mam dräiriedrege Vëlo mam Broutkuerf virdrop, laanscht. Hien huet amplaz vun engem anere Koseng – Theisens Josy, deem säi Papp Hary Theisen Bäcker zu Bouneweg war – de Brouttour um Cents fir en Drénkgeld gemaach. Ech hunn hien ugebiedelt, sech dach menge Fuesendsbréidercher ze erbaarmen. Ech hu mech wéi den Hans im Glück gefillt an him villmools Merci gesot, wéi hien d'Tut bei déi laang Fënnefpënneger an de Kuerf gestach huet. Hien huet wierklech net ongléckelch doriwwer geschéngt ze sinn. Allebéid ware mir frou iwwer dee gudden Handel.

Wéi mir de Baueschbierg, de Schlittebierg, eropgaange sinn, koum nom Haus „a Bruchs" (hire Fils, de Robert Bruch, hat ech spéider als Klasseprofesser am Lycée) déi éischt Prüfung. De Café „a Bauesch" hu mir ni vu banne gesinn, eng komplett friem Welt fir mech. Déi grouss Kosengen hu kommandéiert: „Déi Kleng vir!" Nom Sange vum *Léiwer Härgottsblieschen* sollt ech mat dem Berri an der Hand bei d'Gäscht am schummelege Liicht an niwweleger Tubaksatmosphär heesche goen. Do géif et Mënz! Ech war ganz genéiert, fir bei deene bruckege Gesellen, déi do ronderëm d'Dëscher mat hirem Humpe





D'Kanner maachen sech op de Wee, fir liichten ze goen

Wann se schéi gesongen hunn, kréien se eppes fir an hir Tiitchen



souzen, d'Kap opzehalen; mä et huet musse sinn.

Um Cents ass et vun Haus zu Haus weidergaang. Et gouf schonn däischter. Ëmmer déi selwecht Geschicht: duerch de Virgäertche bei d'Viischtdier, do d'Liichtebengelcher ugefaangen, geschellt an eréischt wann d'Dir opgaangen ass, hu mer gesongen:

*Léiwer Hergottsblieschen, gëtt ons Speck an Ierbessen, ee Pond, zwee Pond, dat anert Joer da gitt der gesond, da gitt der gesond, loosst déi jonk Leit liewen an déi al Leit stierwen, kommt der net bal, eis Féiss ginn ons kal, kommt der net gläich, da gi mer op d'Schläich, kommt der net gewëss, da kritt der e Schouss voll Nëss.*

Da krut jiddwereen eng bis dräi Kamellen an oft och nach e puer Su an de Säckelchen. Merci, bis dat anert Joer a vif bei d'nächst Haus.

Bei Wagnesch duerfte mer an déi waarm Stuff sange goen. Dann huet hire lëschtege Papp ganz ordinär matgesongen: „*... da kritt der eng ferm op d'Schnëss!*" Dat lescht Haus um Cents war beim Dokter Knaff. Seng Villa louch an engem groussen däischtere Park. Virun der Paart an der laanger Mauer ronderëm d'Haus hu mer geschellt an ech hu gehofft, déi géif net opgemaach, well hannendrun hu rosen Honn grujeleg gebillt.

Am Kéibierg, eigentlech scho Grënnesche Bezierk, waren déi dräi lescht Wiertschaften, an Zeutzius, a Bisdorffs a beim Hubert, e frëndleche Wiert mat engem klenge Bauerebetrib, wou mer am Summer schweesswaarm fir eng Limonad d'Hee op der Gänn getrëppelt hunn, dat mat dem Heebléiser eropgeblose gouf. Hei hätte mir haut net gären déi Grënnesch Liichteband begéint, wat wuel net ouni Sträit ausgaange wär.

Duerch den Äppelwee goung et dann zréck op heem zou. An der waarmer Stuff vun onse grousse Kosenge gouf de Boz gedeelt. Mir Kleng kruten d'Kamellen an déi Grouss d'Mënz. Mir waren dees zefridden a frou, fir mat dem Neelchen an den Hänn a Féiss endlech heem ze kommen an do gläich déi erkaalte Glidder a kaalt Waasser ze strecken.

Et war iewer schéin a mir hunn net dru geduecht, d'nächst Joer net méi liichten ze goen.

***Ferdy Dumont vun Elleng, Joergank 1932, erzielt vu senger Kandheet zu Hamm***



Nom Krich gouf erëm gefeiert, sou wéi hei op der Cavalcade zu Réimech









D'Fueskichelcher gi gebak







Matzen am Wanter fänkt d'Faaschtenzäit un an et gëtt sech lues op Ouschtere virbereet.

# Die österliche Zeit

Ich lernte von Anfang an, besonders durch meine Grosseltern, dass auch die „österliche Zeit" für einen Weg steht. Dieser begann für uns alle mit der Fastnacht. Sie war wie ein Fest im Tal, bevor der Aufstieg durch die Fastenzeit hindurch zum Ostergipfel führte. Es gab damals keinen Kinderball, doch die Dorfjugend trieb allerlei Schabernack. Wir Kinder amüsierten uns mit bunten Papierbändchen und bewarfen uns mit Konfetti. Masken bastelten wir aus den Deckeln alter Hefte. Aus den Häusern dufteten die Fastnachtsbrötchen, aus lustigen geknoteten Teigstreifen, die „verwurelt Gedanken". Mit Förmchen stachen wir Halbmonde und Sternchen aus, die anschließend im Öl brutzelten, bis sie an die Oberfläche stiegen. Fleischreste von der letzten Schlachtung wurden vertan und vom „Liichten" übrig gebliebene Leckereien verdrückt.

Ich verstand nicht so recht, weshalb diese an sich so fröhliche Zeit so plötzlich mit dem Aschermittwoch endete. Der Schnitt war wie das Durchtrennen mit einem Beil. Alle Kinder gingen in die Frühmesse, in eine kalte Kirche, und erhielten ein Aschenkreuz. Die Asche fühlte sich kühl, aber nicht unangenehm an. Gleich vor der Kirchentür zeigten wir uns die schwarzen Flecken, rieben die Stirnen aneinander und sahen, wer am schwärzesten war. Dann hieß es: „Kee Gloria, keen Halleluja, kee Schockela." Dies war Fastenregel für die Kinder. Ich brauchte also noch nicht zu fasten wie die Erwachsenen, doch ich sah, dass sich in der Küche doch etwas geändert hatte. Es gab Kartoffeln mit Milch oder „Brach", Linsenmus, Erbsen, Bohnen mit getrockneten Pflaumen. Und da Schokolade ohnehin ein seltener Artikel war, vermisste ich sie kaum. Aber – die ersten Schneeglöckchen zeigten sich, zu ihnen gesellten sich Krokus und Winterling. Die Hyazinthen dufteten am Hausgiebel, und die ersten Narzissen schraubten ihre langen Blätter aus dem Boden. Die Bauern fuhren Mist aus, Großmutter fing an, die Anordnung des Gartens zu planen, und bald hob eine Amsel an, zaghaft zu singen. Die Mädchen kamen mit Springseilen in die Schule und die Buben drehten Murmeln aus Lehm zwischen beiden Handflächen. In der Schule sangen die Kinder: „Winter, ade", oder „Komm lieber Mai und mache die Bäume wieder grün." Wenn auch die Veilchen am Bach noch etwas auf sich warten ließen, so lag doch ein besonderer Duft über dem Land.

Ich sah, wie die Zwiebelschalen in ein Körbchen gelegt wurden, „zum Eierfärben“. Irma, die Nachbarsfrau, schaute in die Nester der Hühner und stellte erfreut fest, dass sie wieder mehr Eier legten. „Für den Osterhasen“, meinte sie und lächelte. Wenn von Eiern und gefärbten Eiern die Rede war, war auch der Osterhase nicht mehr weit. Das Gras fing wieder an zu sprießen und mit meiner Freundin Jenny sahen wir, ob wir ihm nicht begegneten. Sie trug nun ein Tütchen mit Salz in der Tasche. Denn wenn man dem Osterhasen über den Weg lief und ihm das Salz auf den Schwanz streute, duckte er sich, ließ sich aufheben und streicheln... Allerdings verstanden wir auch, dass es nicht so einfach war, einem Osterhasen zu begegnen.

Eines Tages fand Irma ein besonders dickes Ei in einem ihrer Nester. Sie zeigte es mir und sagte: „ Das kannst du behalten. Es ist das Ei des Hahnes.“ Von nun an wollte ich stets das Ei des Hahnes haben und reservierte mir einen Becher, der mir besonders gefiel: mit aufgemaltem Hahn und Kücken.

Am Himmel zogen immer wieder Kraniche. Die Kinder sangen: „Alle Vögel sind schon da, Amsel, Drossel, Fink und Star.“ Ich hatte das große Glück, die Vögel einzeln unterscheiden zu lernen. Ich lauschte auf das verstärkte Summen der Bienenvölker und Großvater sagte, all dies zusammen sei die große Auferstehung, das Wiedererwachen der Natur nach dem Winterschlaf.

Dann kam die Karwoche, vor der wir uns alle ein wenig fürchteten. Das unendliche Lesen von Texten, die verhangenen violetten Kreuze, die Palmsegnung mit Hosanna und dem baldigen Verrat. Dies ging über unseren Verstand, und nicht nur über den der Kinder. Wieder war die Kirche kalt und wir mussten lange regungslos dort verweilen. Als ich versuchte zu kneifen, sagte Großvater, der Karfreitag sei wie ein schwarzer Tunnel, hinter dem am Ostersonntag die Sonne scheint.







Ich erinnere mich auch, wie ungerecht ich es fand, dass nur die Jungen „klibbern“ gehen durften. Großmutter aber meinte: „Du brauchst ja nicht so früh aufzustehen. Heute ist Karsamstag, da backen wir und färben die Eier.“ Ich durfte helfen und tat es mit Begeisterung. Ich durfte auch am Abend mit in die Kirche, als Wasser und Feuer gesegnet wurden, und als die Glocken zu Hauf läuteten, freute ich mich mit allen: An ihre römische Beichte glaubte ich nicht, denn wenn man recht hinsah, bemerkte man, dass sie einfach stumm in ihrem Turm hingen.



Am Ostersonntag fühlten auch wir Kinder, dass etwas Geheimnisvolles geschehen war. Bei jedem Wetter suchte ich sofort die Eier im Garten. Der Osterhase färbte ebenfalls mit Zwiebelschalen. Einige Eier „vom Hahn“ waren weiß geblieben, weil Weiß eine so schöne Farbe ist, andere hatten farbige Tupfen. Alle lagen zwischen den Narzissen, zu denen sich nun Primeln und kleine Tulpen gesellt hatten.



Im Hochamt gab sich der Chor jede Mühe, bei Gloria und Halleluja in Jubel auszubrechen.

Beim Mittagstisch schmeckte der Braten einfach himmlisch. Nun, nach Gloria und Halleluja, gab es auch Schokoladenkuchen und selbst Eier aus Schokolade.

Für ein kleines Kind, das den Weg durch den Tunnel mitgemacht hat, ist dies zwar ein recht irdischer Vorgeschmack auf die Auferstehung, aber dennoch... und am Ende bleibt die große Überraschung.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, bei hire Grousselteren zu Blaaschent***



**Virun Ouschteren, wann „d'Klacken op Roum beichte waren", sinn d'Bouwe klibbere gaangen.**

# D'Klibberjongen

Karfreideg, mueres ëm sechs,
eraus elo aus dem Gedecks.
Nach séier eng Schmier,
d'Klibber an de Grapp
dann duerch d'Dier:
Elo geet et lass.

„D'Mueresklack laut",
sou hu mir gejaut,
dobei hoart geklibbert
d'ganz Duerf huet gewibbelt.

Vir Mëtteg hu mir eis getraff:
Bis op de Kläppchen, bis op den Haff
Mir hu geklibbert, mir hu gejaut:
„'t ass d'Mëttesklack déi laut!"

Owes ëm sechs fir d'Lescht
stonge mir nees an der Bresch.
Mir hu geklibbert, mir hu gejaut:
„'lo ass et d'Nuetsklack, léif Leit, déi laut."

Karfreideg seet de Paschtouer:
„Kommt Jongen, dréit eng Ronn am Chouer."
Mir hu geklibbert, eist Meescht, eist Bescht,
all Helleg hu geziddert, an och de Rescht.
Dat woar eng eenzeg Kéier, Dir hutt verstan,
wou mir dësen Extra-Tour si gaang.



Karsamschdeg geet et op den Tour,
mir si mam Weenchen du gefuer,
schéin dekoréiert
eis virgeféiert
„Mir komme sichen eise Loun,
fir dat wat mir geleescht jo hunn."

Mir Kleng kréien d'Eeër
déi Grouss kréien d'Pai.
Déi aner Kéier
si mir déi Grouss elei.

***Simone Rosen-Bonenberger***
***no enger Erzielung vum Marc***



D'Klibberjonge vun Hamm, 1947



# Kuckt séier, do leeft den Ouschterhues!

Virum Kaffi hu mäi Brudder an ech am Goart no den Ouschtereeër gesicht an duerno um Dësch getéckt. Mir sinn dunn an d'Fréimass gaangen, well mir haten nach vill vir.

Ëm hallwer 11 si mir mat eisen Eltere mam Zuch op Mondorf gefuer. Vun do aus gong et weider zu Fouss op Pëttleng. Virdrun nach duerch d'Douane. De lëtzebuerger Douanier huet gewénkt, awer dee franséischen huet menger Mamm an d'Posch gekuckt, dunn eréischt konnte mir weidergoen.

't woar e sonnege Fréijorsmueren a mir si monter drop lass getrappt. „Den Owend huele mer de Rapid", sot meng Mamm. „Les Rapides de Lorraine" woaren d'Bussen, déi duerch d'Dierfer bis op Didenhuewen gefuer sinn.

Wéi mir op der Héicht woaren, sot eise Papp: „Kuckt séier, do leeft den Ouschterhues!" A mir hunn e gesinn, mat laange Sätz iwwer d'Feld rennen. „Deen do kënnt vun der Bomi, lo ginn et nach eng Kéier Ouschtereeër."

D'Mëttessonn huet gedréckt, a mir woare frou, fir an de Schiet vun der Käschtenallee agangs vum Duerf ze kommen. „Däerfe mir vir lafen?", huet mäi Brudder gefrot, a fort woar en, ech hannendrun. Duerch déi eidel Hënneschtgaass si mir gerannt, laanscht d'Kierch. Keng Séil huet sech gewisen, net emol en Hond huet gebillt.

Lo nach déi lescht 50 Meter biergof a mir woaren ukomm. Duerch déi eidel Wiertsstuff si mir direkt hannert dem Comptoir laanscht an d'Kiche gelaf. D'Bomi an d'Tatta hunn do hantéiert, awer mir hunn net vill Zäit mat Begréisse verluer: „Mir hunn den Ouschterhues gesinn, däerfe mir an de Goart no den Eeër siche goen?"

An der Spënnchen, nieft der Hënnerdier hu mir eng Kuerbel geholl an eraus an de Goart. D'Ouschtereeër, déi mir fonnt hunn, waren all goldbrong. „Well um Duerf fierft den Ouschterhues mat Zwiwwelschuelen", hu mir erklärt kritt.

Sou lues si mir hongreg ginn op all déi Opreegung. Den Dësch an der Stuff woar schéi gedeckt. 't ass fir eis Limonad ginn, an ausnahmsweis hu mir eng Schlupp roude Wäin drakritt. D'Héngerbritt hu mir geläffelt an d'Fritte genoss, duerno hu mir lues gemat: mir haten de Bond an der Spënnche gesinn an d'Eeërcrème mat Schnéi an d'Kichelcher déi mir nach a gudder Erënnerung haten.

Owes si mir mam Rapid op Mondorf gefuer. Meng Mamm hat e ganze Kranzkuch am Filet a mäi Brudder huet gefrot: „Wat seet dann elo den Douanier?" Awer dee woar am Gespréich mat sengem Kolleg, en huet knapps gewénkt a mir si weidergaang. `t woar och net fir ze träntelen, well geschwënn hu mir de Jangeli héieren. Mat Kaméidi, Damp a Gestank ass den Zuch agelaf. Zefridden a midd hu mir eis heemféiere gelooss.

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***

An da koum d'Zäit vun der éischter Kommioun, e besonnesch wichtegt Fest fir all Kand, dat mat enger laanger Virbereedungsphas a vill Opreegung verbonne war.

# Éischt Kommioun, deemools

Deemools, dat ass scho laang, nach virum Krich. Dat heescht, de Krich hat schonn ugefaangen, mä d'Preise waren nach net hei: Et war Abrëll 1940.

Scho Méint laang hunn d'Jongen a Meedercher an der Kierch Virbereedungscoursen iwwert sech ergoe gelooss, an zwar Jongen a Meedercher getrennt. Ofgesi vun dem reliéisen Deel, dat heescht d'Bedeitung vum Sakrament, wor och nach d'Beicht um Programm an ech si mer deemools eréischt bewosst ginn, wat een allerhand kënnt falsch maachen. Mer hunn en Ziedel mat eise Sënne misse preparéieren an och präziséieren, „wieviel mal, allein oder mit andern". Mer sinn dann d'Lëscht vun den zéng Geboter nogaangen an hunn déi opgeschriwwen, wou mer gemengt hunn, mer hätte gesënnegt. Well mer nach net wossten, wat Ehebruch wier, hu mer déi Sënn op der Säit gelooss. Vun deenen zéng Geboter war eent extra wichteg an déi Häre Kapléin sinn ëmmer an erëm op dat Gebot zeréck komm. Wéi mer do alles iwwert d'Beichten an d'Kommioun geléiert haten, hu mär Jonge bal gefaart, fir pinkelen ze goen (et hätt ee jo kënnen eng Sënn maachen). Da war och nach déi Geschicht vun der Abstinenz vu Mätternuecht u bis zur Kommioun. Wann een eng Drëpps Waasser nuets um fënnef op 12 gedronk hat an trotzdeem kommizéiere gaangen ass, hat een dann eng Doutsënn begaangen? D'Kapléin hunn eis och nach gesot, den Dag vun der 1. Kommioun wier dee schéinsten an eisem Liewen. Ech wor net vun deem Avis, well ech hu gefaart an hu vill vu menger kannereger Onschold deemools verluer.

Du koum de groussen Dag. Meng Mamm hat mengem dräi Joer méi ale Brudder säi Bleyles Kommiounskostum schéi versuergt („lasst die Kinder Bleyle tragen..."). Ech hunn ausgesi wéi nei gekleet (Dëse Kostum ass nach laang sonndes gedroe ginn a spéider huet meng Mamm d'Box un de Knéien ofgeschnidden, sou dass se och nach eng Zäit als kuerz Box gedingt huet). Mer sollten och de Seege vun eiser Mamm froen, mä ech wor e bësse genéiert. Meng gutt Mamm huet awer selwer dru geduecht a mech geseent, ier mer an d'Kierch gaange sinn. All Kommiounskand huet och missen eng laang Käerz beim Paschtouer kafen. Et woren 3 Modeller au choix: vun 8, vun 10 a vun 12 Frang. Eng vun 8 hätt dee selwechten Dingscht gemat, mä meng Elteren hu mat Recht geduecht, eng vun 10 Frang wier besser an esou gouf et eng vun 10 Frang.

Kaum hate mer d'Käerzen, du hunn och schonn e puer Raudien ënnert eis ugefaangen domadder ze fechten an hu misse mat gebrachene Käerzen an d'Kierch goen. Am Schoulhaff hu mär Kommiounskanner eis versammelt a sinn dann an enger laanger Prëssessioun bei d'Kierch gaangen. An der Entrée vun der Kierch hu mer dann eis Käerz missen ofginn an déi 10 Frang waren erëm an der Täsch vun der „Sancta Ecclesia".



Am Abrëll 1940 huet de John Weber d'Kommioun gemaach

Riets an der Kierch souzen d'Jongen a lénks d'Meedercher. Déi grouss Déifferdenger Porkierch wor bal voll vu Kanner, just d'Elteren an déi no Famill hunn nach Plaz fonnt. Et ass vill gesongen a gebiet ginn an du wor de grousse Moment do. Ech hunn d'Hostie op d'Zong geluet kritt an hu gehofft, dass ech würdeg wier. Hat ech och alles gebeicht, well d'Konsequenze wiere fierchterlech gewiescht. Dann awer hunn ech geduecht, et wier schonn alles an der Rei an ech war berouegt.

No der Mass sinn ech mat menger Famill, de Grousselteren, Pätter a Giedel heemgaang. Wat hate meng Elteren net alles déi Deeg virdru geschafft. D'Miwwele ware geréckelt ginn, fir méi Plaz ze hunn. Den Dësch war feierlech gedeckt a meng Mamm hat e Menu gezaubert, wéi nëmme si et fäerdeg brénge konnt. Si hat och de Kommiounsbond selwer gebak, e Kuch dee mat Biscuiten zesummegesat war. Meng Schwëster, déi d'Rezept vun dësem Kuch nach huet, offréiert mer heiansdo ee fir eng besonnesch Geleeënheet. An du koumen d'Cadeauen. Meng Giedel hat de Rousekranz an d'Gebietbuch gestëft. Mäi Pätter, Propriétaire vun engem Schung- a Liedergeschäft (Nordstern), hat mer e Portefeuille mat 10 Frang geschenkt (De Präis vun der geléintener Käerz). Dat war alles. Nom Iesse war schonn erëm eng Vesper an owes eng Andacht. Dotëschent ass awer mäi Pätter, dee schonn en Auto hat, mat eis Kanner bis op Lasauvage an zeréck gefuer.

D'Haaptlaascht vun deem Ganzen huet meng Mamm gedroen an ech wonnere mech nach haut, wéi si dat alles fäerdeg bruet huet. Si wor ebe vun alle Mammen déi schéinst an déi bescht.

***John Weber vun Zolwer, Joergank 1930, erzielt vu senger Kandheet zu Déifferdeng***

# De Cortège

Zu Dikrech hu mer ons an där aler Kierch versammelt, do hate mer fir d'éischt „Glaubenserneuerung", mir hunn ons Käerz kritt an da si mer schéin am Cortège vun där aler Kierch an déi grouss Kierch gaangen. D'Elteren, am beschte Fuedem, déi koumen hannendrun.

Mäi Monni Bäcker huet d'„Pièce Montée" gemaach (mat guddem Botter, huet hie gesot).

Ech krut eng Kette mat Kräiz, eng gëllen Auer, déi ech nëmmen heiansdo hunn däerfen undoen. Mat 16 Joer konnt ech se droen, do war se net méi modern!

E puer Wäiwaassersdëppercher waren och geschenkt ginn. E Magnificat mat Liederaband fir sonndes a mat Plastik fir all Dag.

***Nicole Jung-Wolfers vun Dikrech, Joergank 1939***







D'Nicole Wolfers huet seng Kommioun zu Dikrech gemaach





# Vum Pätter krut ech e Goldstéck

Meng Kommioun hunn ech op der Gare gemaach an déi Zäit war do den Här Dechen Heinisch. Op deem groussen Dag sinn ech an der Kierch schwaachgefall, well mer jo virdru kee Kaffi duerften drénken. Dat war ganz schlëmm.

D'Kommiounsiesse war doheem. Meng Mamm hat eng Kächin: et ass eng Brittzopp ginn a Paschtéiten, hausgemaach. Duerno Ham an Zalot. Nom Iessen e Kuch.

Meng Pianos-Joffer war och invitéiert an si huet mir e Réng geschenkt, deen ech haut nach hunn. En Aquamarine, awer dee war net fir e Kand, awer et huet mer trotzdeem vill Freed gemaach. Vum Pätter krut ech e Goldstéck, well e gëllent Kräiz hat ech schonn. Hien huet Nicolas geheescht an duerfir sinn ech d'Nicole, well fréier krut een den Numm vum Pätter oder der Giedel.

Ech hat och d'Nimm Huguette a Charlotte, déi ware vu menger Groussmamm, déi vu Metz war. Bei si sinn ech schrecklech gär op Besuch gaang. Dann huet si mir d'Geschichte vum „Grauli" gezielt. Dat war den Draach, deen zu Metz gewunnt huet. Si ass nëmmen d'Mémé genannt ginn.

***Nicole Collart vum Bridel, Joergank 1934, erzielt vun hirer Kandheet an der Stad***



1947 zu Housen: Och wou d'Dierfer nach zerstéiert waren, ass erëm Kommioun gefeiert ginn

# Déi gutt Glace

D'Kommioun ass ganz seriös geholl ginn. Et war Kommiounsunterricht an et huet een an där Zäit mussen an all Gottesdéngscht sinn, soss ass een net zur Kommioun zougelooss ginn. Theoretesch – ech ka mech awer net erënneren, datt dat eng Kéier de Fall war.

U meng éischt Kommioun kann ech mech net méi esou genau erënneren, duerfir ëmsou besser u meng zweet. Meng Schwëster, déi e Joer méi jonk war wéi ech, huet hir 1. Kommioun gemaach an ech an deem Joer meng zweet.

De Problem war, mir haten allenzwee d'Riedelen an hu mussen am Bett bleiwen. De Paschtouer huet ons extra d'Kommioun heem bruecht un d'Bett.

D'Famill huet gefeiert a mir konnten awer eppes matiessen, well sou krank ware mer och nees net. Deemools ass et Glace ginn, an eng Glace, dat war e besonnesche Luxus. De grousse Skandal war awer: Si haten all där Glace giess beim Dessert an ons haten se vergiess. Dat konnt ech hinnen ni verzeien.

***Théo Pletschette vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vu senger Kandheet zu Wahl***






D'Kommiounsbillercher vum Théo Pletschette





# Kommunion in Merl

Ab dem 2. Schuljahr lag ein Thema besonders in der Luft: die Kommunionfeier am 2. Sonntag nach Ostern des kommenden Jahres. Wir hatten in unserer Schule einen neuen, jungen Kaplan, der die Frühmessen hielt, Religionsunterricht gab und mit den Kindern probte: sei es zu Weihnachten für das Krippenspiel, das Schultheater, dessen Erlös einem guten Zweck zufloss, für den Gesang der Kinder an Feiertagen und die Danksagungsmesse am Jahresende. Ganz besondere Mühe gab sich Herr Gilbertz in den Wochen, ja Monaten vor der Kommunionfeier. Wir sangen, gingen in wohlgeordneten Reihen an die Kommunionbank und fanden unsere Plätze wieder. Wir lernten stillsitzen und Respekt vor allem Heiligen.

Den eigentlichen Kommunionunterricht hielt der Pfarrer. Hier ging es streng und gesittet zu, wie es sich für Kommunionkinder einfach ziemte. Allerdings – so manches von dem, was da an uns herangetragen wurde, verstand ich nicht. Es ging die Rede vom „lieben“ Gott, der die Welt mit all ihren Wundern erschaffen hatte, und dessen Kinder wir alle waren. Im Katechismus lernten wir auswendig, Gott sei „allmächtig, barmherzig, gütig und getreu in seinen Versprechen“. Was das alles bedeutete, konnte ich mir nicht so recht vorstellen, doch ich fragte mich, wie er sich dann noch nebenbei als Sündenbuchhalter betätigen und mit einer Sündenwaage hantieren konnte. Wie groß muss denn dieses Buch gewesen sein? Wie konnte er noch gütig auf uns herabschauen, wenn er doch stets beleidigt und wütend über unsere Sünden sein musste? Wenn er Antoinettes Sünden aufschrieb, konnte er meine doch nicht sehen. So manches Kind hatte Angst. Mich überzeugte dies alles nicht, – da gab es so viel nebenbei zu entdecken. Ich hatte angefangen, richtige Bücher zu lesen. Da war jene wunderbare neue Sprache, und ich versuchte, verzweifelt und vergebens mit meinem Schwesterchen Französisch zu sprechen. Manche Wörter, die mir besonders gefielen, wiederholte ich, einfach ihres Klanges wegen. Die Lehrerin ermutigte mich zu malen, und wenn wir ein neues Lesestück anfingen, musste ich es lesen „dem Sinn nach und mit Betonung“! So versuchte ich nun auch weitere Geschichten zu lesen. Ich war der Meinung, wenn der liebe Gott richtig hinschaute, könnte er sich hierüber auch freuen.

Freunde unserer Eltern spielten in dieser Zeit für mich eine große Rolle. Der Mann war ein Kollege meines Vaters während der Arbeitsamtszeit im Krieg. Er war ein leidenschaftlicher Photograph. Die Frau war Näherin. Sie nähte mein Kommunionkleid. Ich ging also mit zu Anprobesitzungen, die sich stets ins Unendliche ausdehnten, weil die Erwachsenen reden und die Kinder zuhören mussten, damit sie etwas lernten! So saß ich in der Runde, lernte Geduld und Beherrschung. Denn ich durfte kein Zeichen der Langweile sehen lassen. So beobachtete und bewunderte ich, wie gut und flink Madame Dondlinger nähen konnte. Ich sah mich in der Stube um und wiederholte unmerklich neue Wörter, deren Klang mir gut gefiel.

Als das Kleid fertig war, stand eine Photositzung an, wobei ich bald auf eine Hand, dann in einen Winkel blicken musste, dann lächeln, kurz, ich hätte Erfahrungen über die Arbeit eines Models sammeln können. Doch ich tat, was man von mir verlangte und fand es nicht einmal übel. Es gehörte dazu und mir gefiel die freundliche Atmosphäre.

Am Freitag vor dem großen Tag kam eine andere Freundin meiner Eltern



Dem Mariette säi Kleed: Der Mme Dondlinger hiert Konschtwierk

zum Kochen, denn damals fand die Feier zu Hause und in der Familie statt. Die Köchin sah streng aus, doch sie hatte eine Hilfe mitgebracht, „zum Servieren“, wie sie sagte. Dies war Elisetta. Sie glich in etwa einem Stehaufmännchen, rauchte wie ein Schlot und lachte viel und gerne. Dabei hüpfte ihr Bauch auf und ab. Ich mochte Elisetta sehr. Sie hatte viel Humor und einen gesunden Verstand. Sie wusste auch, was sich passte, und band am Sonntag ein weißes Servierschürzchen um, in dessen Taschen die Marylands steckten. Mir tat es leid als Elisetta wieder abreiste.

Am Sonntag war viel Aufregung wegen Pünktlichkeit beim Kirchengang. Die Kerze war schwer, das lange Kleid ungewohnt, die Schuhe neu. Klappte es in der Kirche? Der Herr Kaplan stand parat, um schnell einen Irrtum auszugleichen. Zu Hause duftete es feierlich, nach Fleischbrühe, Braten und Kaffee. Die Familie war gekommen – nur nach dem Mittagessen musste Vater weg. General Eisenhower war zu Besuch und er musste interviewt werden. Dann stand eine Reportage in der amerikanischen Botschaft auf dem Plan.

Die Großeltern waren enttäuscht, doch ich wusste, dass das so war und ging ohne Vater, mit den anderen Familienmitgliedern, in die Vesper. Als Geschenk erhielt ich zwei Wecker, meine erste Armbanduhr und eine Menge Topfpflanzen, die dem Haus Festlichkeit und Freude verliehen. Abends war auch Vater wieder da.

In der Vesper sangen wir Kommunionkinder die Lieder, die der Kaplan so geduldig mit uns geprobt hatte. Da hieß es: „Hier liegt vor deiner Majestät im Staub die Christenschar“. Ein anderes Lied fragte: „Wohin soll ich mich wenden, wenn Gram und Schmerz mich drücken? Wem künd ich mein Entzücken, wenn freudig pocht mein Herz?“

Nun, „Majestät“ war für mich ein lächerliches Wort und bereits damals hätte ich mich nicht vor einer Majestät oder Ähnlichem in den Staub gelegt. Aber, diese wunderschönen Melodien liebte ich einfach und sang sie vor mich hin. Sie rührten an etwas Wahres. In ihrem Zusammenhang hatte Herr Gilbertz uns gesagt, es gäbe zwischen Himmel und Erde ein großes Geheimnis, das niemand versteht, doch auf das man hören kann. Ich fühlte, dass derjenige, der solche Lieder erfinden konnte, von diesem Geheimnis mehr verstand als alle Majestäten des Himmels und der Welt. Zwar glaubte ich lange nicht mehr an die Zwerge aus den Märchen meiner Kindheit und wusste, dass Sankt Nikolaus ein sehr lieber Bischof in einem fernen Land am blauen Meer war. Durch sie alle aber hatte ich erfahren, dass es Kräfte gibt, die wir nicht sehen, die aber durchaus existieren können.

Dann gab es im Unterricht auch die kleine Schulbibel mit den schwarz-weißen Bildern. Obschon es verboten war, hatte ich sie bunt angemalt und dabei die Gestalt Jesu besonders hervorgehoben. Er trat bald in Rot, bald in Blau oder Gelb auf. Ich mochte ihn sehr gerne. So einfach war das. Und wenn ich mich nicht irrte, ging es bei alledem doch um ihn. Oder?

Übrigens: später erfuhr ich, dass Herr Gilbertz sich die Mühe gemacht hatte, mit uns eine etwas vereinfachte Fassung der deutschen Singmessen von Michael Haydn und Franz Schubert einzustudieren. Dies war ein Geschenk für das Leben.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, erzielt vun hirer Kandheet zu Märel***



D’Simone Bonenberger huet mat sengem Brudder zesummen d’Kommioun gemaach





Heiliger Geist wir bitten dich,
gib uns allen gnädiglich
deiner sieben Gaben Kraft !
»It. Seq.«

Andenken an die
HEILIGE FIRMUNG
gespendet in der Pfarrkirche
von BUSCHRODT
am 18. Juni 1946
DURCH SEINE EXZELLENZ DEN
HOCHW. HERRN Dr. IOS. PHILIPPE
BISCHOF VON LUXEMBURG

Die Firmpaten von Wahl :
Herrn ALBERT SCHAUS
Frau WITWE ALPHONSE MAIERUS
von
Theis Rehschette

Kuerz no der Kommioun stoung d'Firmung um Programm





Am Mee goung et an d'Stad bei d'Muttergottes. Et war Oktav.

# Vu Réimech an d'Oktav

1946 si mer zu Fouss an d'Oktav gaangen. 25 km, 5 km an der Stonn. Mir sinn um 2 Auer an der Nuecht bei der Réimecher Kierch mat eisem Kaploun, dem Här Hentzen, fortgaang. Mir hu gebiet a gesong, an der Muttergottes eis Uleies bruet. „Bei dir o Mamm ass Léift a Fridden", „Mir gréissen dech, am Heemechtsdom", „Maria zu lieben, ist allzeit mein Sinn" huet duerch d'Natur geschaalt.

Zu Mutfert bei der Kapellchen an der Haaptstrooss woar genee d'Halschent vum Wee. Ënnen duerch de Bësch gung et virun op Sandweiler. Am Café Massard ass d'Schmier giess ginn. Do hu mir eis missen entscheeden: rechts erop iwwer de Findel an dann duerch d'Neiduerf an d'Stad, oder lénks, wou haut d'Kontrollstatioun ass, op d'Polvermillen an dann iwwer d'Al Bréck?

Um Ducksall hu se schéi gesong, eng stëmmeg Mass, eng laang Priedegt ass gehal ginn. Zum Schluss: „Klagt in Leid das arme Herz, schwer betrübt von Erdenschmerz!" Dat Lidd gëtt all Joer vun de Réimecher gesong, de Barthel vu Réimech huet et 1890 geschriwwen. Duerno si mer an d'Krypta kommunizéiere gaang.

Elo ass fir eis dee méi lëschtegen Deel ugaang. Frou an zefridden hu mir d'Kierch verlooss a sinn op de Mäertche getréppelt. Eise Papp, deen um Ducksall mat gesongen hat, huet eis fest bei der Hand gehal. Mir hu keng Rou ginn an hien huet eis missen e klengen Engelche mat gëllenem Kleed kafen. An eng kleng Muttergottesstatue fir an eis Posch.

* * *

Den Oktavsmäertchen



Dat Jor duerno sinn ech mat de "Jongmeedercher" mam Zuch an d'Oktav gefuer. Mir haten eis nei Uniform un: eng gro Jupe, eng donkelblo Blus an eng gro Krawatt. Scho méindes hu mir de Billjee an der Gare kaaft. Ënnerwee, am Jangeli, ass gebiet ginn a mir hu Lidder gesong.

Bei der Gare an der Stad gouf d'Prëssessioun opgestallt. D'Musek Concordia, d'Chorale Ste-Cécile, d'Kommiounskanner, d'Massendénger an eng laang Rei Pilger sinn iwwer d'Nei Bréck gaang. D'Kathedral war strubbelvoll. Et ass gedréckt a gestouss ginn. Jiddereen wollt no bei den Altar.

Als gréisst Erliefnes duerfte mir an der Andacht, um Ducksall, niewent der grousser Uergel mam Organist, dem Här Leblanc, stoen.

***Andrée Hansen-Rhein vu Bous, Joergank 1932, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech***

## Mir wäre gär op de Märtche gaangen

Wéi ech zu Dikrech bei de Schwësteren an der Schoul war, si mir zu Fouss am Cortège vum Lampertsbierg an d'Kathedral gaangen. Et war jo haaptsächlech geduecht fir an d'Andacht ze goen, awer mir wären och gär op de Märtche gaangen.

Du hate mer ofgemaach: et bleiwen der ëmmer dräi an der Andacht an déi aner kënnen op de Märtche goen. Sou hu mir ons ofgewiesselt, well d'Schwëster Bernadette, de „Benni" hu mir si genannt, ass matgaangen an och mat ons erëmkomm.

Si huet da gefrot: „Wat hu se am Ufank gesongen, wat fir e Schlusslidd ass gesonge ginn?" Da stunge mer no der Andacht all do bei der Trap beim Märtchen an dann hu mer ons ausgetosch: déi eng wossten den Ufank, déi aner de Schluss: „Léif Mamm" , „Maria zu lieben" asw. Et huet awer net laang gedauert, bis d'Schwëster dat eraus hat, du huet se net méi gefrot.

***Nicole Jung-Wolfers vun Dikrech, Joergank 1939***





Déi kleng Meedercher waren houfreg, fir an der Schlussprëssessioun als Engelcher matzegoen, 1947

De Ferdy Dumont hat e besonneschт Talent a war stolz, fir Erläichendag en Zepter fir d'Muttergottes ze schnëtzen.

## Ein ehrenvoller Auftrag

Am Dorfende von Hamm wohnte eine alleinstehende, wohlgeachtete, ältere Dame, Joffer Lutgen, Pfarrersköchin im Ruhestand. Sie kümmerte sich liebevoll um die Kapelle in ihrer Nähe. Überraschend erhielt ich, als achtjähriger Erstkommunikant, von ihr den ehrenvollen Auftrag, ein Holzzepter für die Muttergottesstatue der Kapelle zu schnitzen.

Selbstverständlich fühlte ich mich durch diese künstlerische Aufforderung geehrt, hegte aber etliche Zweifel an meinem Können. Hatte die gute Frau keinen Unwürdigen angespro-

chen? Als Messdiener dürfte man mich als alles andere denn mustergültig kennen, eher unpünktlich und zerstreut. Dass eine solche Respektsperson gerade mir diese Aufgabe anvertraute, schmeichelte meiner Geschicklichkeit und meinem technischen Können. Auch mein Vater sprach in Gesellschaft gerne von „seinem Ingenieur“. Ich nahm also den Auftrag an, stolz aber nicht allzu zuversichtlich.

Unverzüglich besorgte ich mir einen passenden Haselnussstab und schnitzte das Zepter mit meinem kleinen perlmutterbeschlagenen Taschenmesser. Ganz oben fügte ich ein winziges Kreuz ein, das ich aus Sperrholz ausgesägt hatte. Abschließend wurde das Werk mit Goldbronze verschönt. Sollte wohl meine Arbeit den Erwartungen der Auftraggeberin gerecht werden?

Bei der Prozession am darauffolgenden Fronleichnamsfest konnte ich zufrieden feststellen, dass meine etwas unbeholfen aussehende Arbeit tatsächlich mit Wohlwollen aufgenommen worden war: sie schmückte die im prächtigen Kleid dargestellte Muttergottesfigur mit dem zepterhaltenden göttlichen Kind. Es war mir eine unbestreitbare Genugtuung, dass meine Arbeit am feierlich kerzengeschmückten Ort sich öffentlich zeigen durfte.

***Ferdy Dumont vun Elleng, Joergank 1932, erzielt vu senger Kandheet zu Hamm***



D’Joffer Lutgen, d’Härekäche vun Hamm





Zu Réimech sollt den Hellegen Aloysius op eng besonnesch Manéier geéiert ginn. Dat Joer war awer eng Madame net sou frou iwwert de Kanner hiren Äifer.

# Rousen a Lilien

„Moar huet den Hellegen Aloysius Namensdag. Kanner, et wier dach schéin, wa mir dofir d’Kierch géngen extra rëschten. Bréngt Blumme mat aus ärem Goart, Rousen a Lilië sollen et sinn.“ Fir der Schwëster Cyrille ze gefalen, hu mir eis dat zu Häerz geholl. Awer mir hate keng Lilien an och keng Rousen, keen am Neiewee hat der.

„Awer“, huet d’Josette gesot, „ech weess, wou der stinn. D’Marxen, déi huet der vill an hirem Goart an der Gässel.“ Mir hunn net laang gezéckt: „’t ass jo fir de gudden Zweck.“ Donneschdes nomëttes, ech hat eng Schéier vun doheem organiséiert, si mir lassgezunn. D’Gässel woar direkt hannert eisem Haus, do woaren nëmme Gäert. Duerch en Drot, deen net gutt ugemat woar, ass d’Josette erageklotert. Mir stongen zu dräi dobaussen opzepassen an ofzehuelen: hatt huet de ganze Goart geplënnert!

Net nëmmen aus Sécherheetsgrënn, mä och well et méi no woar, si mir d’Gässel erop gewëscht op d’Kierch zou an an d’Sakristei. D’Schwëster huet sech gefreet an d'Blummen a Vasen op d’Plaz gestallt.



Den Hellegen Aloysius, eng doudeg Lilie an der Hand, huet vu sengem Sockel erof fromm op d’Blummemier gelächelt: keen Hellegen an der Kierch ass jee esou fir säin Namensdag geéiert ginn.

Wéi d’Marxen an hire Goart koum, ass se sech ës net zoukomm: keng eenzeg Lilie méi, an hir schéi Rousen, hire ganze Stolz!

Wéi se dunn an d’Andacht koum, hat se d’Erklärung. Nom Déngscht ass d’Fra poulrit an d’Sakristei marschéiert, a mir hunn eis verzunn. Vun de Massendénger si mir gewuer ginn, wéi se de Kaploun Lies attackéiert huet: „Ech hale meng Relioun, awer dat do dat geet ze wäit!“ Den Onschëllegen huet keng Wierder fonnt, awer d’Marxen woar schonn um Wee fir an d’Schwësteren-Haus. D’Schwëster Cyrille huet eis net emol gestrooft, awer hir Blummewënsch woaren duerno méi bescheiden.

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***

Aner Geleeënheete fir ze feiere goufen et och.

# Kiermes an Hochzäit

Eng vun den Attraktioune war d'Kiermes. Ganz selten ass e Buttek komm. Dat war dann esou e Kreemerchesbuttek, wou d'Kanner ronderëm stongen. Déi Grouss sinn danze gaang. Do war de Spillmann, dat war dee berühmten „Zockernéckel" vu Gréiwels, deen huet op senger Harmonika gespillt. Et ass och fir all Tour bezuelt ginn, dat war ganz interessant a mir Kanner hunn nogekuckt.



Den Hämmelsmarsch 1949 um Knuedler

Wien d'Flätsch fänkt, fiert en Tour fir näischt



Op den Hochzäiten ass immens vill gefeiert ginn. Ech ka mech erënneren, mengem Monni seng Hochzäit huet 3 Deeg gedauert. Hien hat och e Bus gelount an du hu mer mat der ganzer Hochzäitsgesellschaft en Tour an d'Eislék gemaach. Mir sinn do spadséiere gaang a jiddereen huet dat ganz flott fonnt.

***Théo Pletschette vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vu senger Kandheet zu Wahl***

Dat lescht grousst Fest vum Kierchejoer ass Allerhellgen. Do koum dacks d'ganz Famill zesummen.

# D'Wantergezei woar fir d'éischt eraus

Allerhellge si mir am beschte Fuedem op d'Griewer gaang. An der Kierch huet et no Mattegëft gericht. D'Wantergezei woar fir d'éischt eraus. D'Fraen haten en Hutt op an d'Männer eng Dunn. De ganze Kierfech woar e Blummemier vu wäisse Chrysanthemen.

Duerno souz d'Famill zesummen ëm de Kaffisdësch. Déi vun Auswäerts hunn sech beim Uewe gewiermt an erzielt, bis et Zäit woar, fir op den Zuch ze goen. Et woar déi eenzeg Kéier am Joer, wou mir déi Tattaen a Monnie gesinn hunn. Se hunn eis och alt emol e „Stéckelchen" an d'Hand gedréckt. Domat hu mir eis dann den Dag drop am Buttek e Grapp Kamelle kat.

***Här H.G., Joergank 1928, erzielt vu senger Kandheet zu Réimech***







# Dann läuteten die Glocken zu Hauf

Der Sommer war endgültig vorüber. Letztes Laub zitterte an den Bäumen und die ersten Fröste ließen die dürren Blätter rascheln.

Ein wenig vorher fing Großmutter an, die Blüten der Chrysanthemen zu „überwachen". Zu kleine Blüten, welke Blätter zwickte sie ab. Sie goss Brennesselgülle an die Wurzeln und hielt die Erde locker. Ein paar Tage vor Allerheiligen hingen die Wintermäntel bei sonnigem Wetter im Garten, damit der Geruch der Mottenkugeln sich verzog. So hing dem Allerheiligenfest irgendwie ein Hauch von Mottengift an.

Vor Allerheiligen ging Großvater, der Dorflehrer, mit den Schulkindern auf den Friedhof, und sie brachten verlassene Gräber in Ordnung. Am Allerheiligentag nachmittags um drei Uhr, die Chrysanthemen fröstelten auf den Gräbern, läuteten die Glocken zu Hauf: Verwandte waren aus andern Orten gekommen, die neue Wintergarderobe wurde vorgeführt. Wer einen Silberfuchspelz hatte, trug ihn mit Stolz.

Doch vor der Gräbersegnung drängten sich fast alle in der Kirche zu der Allerheiligenvesper, wo der Weihrauch in Schwaden in der Luft stand und sich mit dem Restduft von Mottengift vermengte.

Darauf bewegte sich die Schar der Gläubigen zum Friedhof. Der Wind strich über die Hügel. In der Wiese gegenüber blühten die Herbstzeitlosen und ein letztes Muhen der Kühe mischte sich in den Gesang des Requiem. Dann begann auch für sie die Winterruhe im Stall.

Der Pfarrer ging mit dem Weihrauchfass durch die Gräberreihen, Vaterunser und Glaubensbekenntnis wurden entweder laut mitgebetet oder leise mitgemurmelt. Dann war Stille, bald war ein leises Hüsteln zu vernehmen, die Deckel der Weihwasserbecher auf den Grabsteinen klickten leise, der Kies knirschte, die ersten Besucher trockneten die Tränen und verzogen sich.

Vor dem Friedhofstor hörte man bald Stimmengewirr... und aus den Häusern duftete der Kaffee zum Familientreffen.

Wir Kinder wussten, dass die etwas trüben Allerheiligentage durchgesessen und durchgestanden werden mussten, und dass nun die Engel bald für St. Nikolaus backen würden, denn der Himmel begann abends schon rot zu werden. Und ich freute mich darauf...

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, bei hire Grousselteren zu Blaaschent***



# Kanner, 't ass Krich!

## Episoden aus battere Joren

De Krich huet jiddwereen gepräägt, déi Grouss an déi Kleng. U grouss Evenementer, wéi den Amarsch vun de Preisen, d'Evakuatioun a spéider d'Liberatioun kënnen se sech all erënneren. Mä och kleng Episoden an Erliefnesser sinn an de Käpp vun den deemolege Kanner bliwwen. Grad dës perséinlech Erënnerungen droen derzou bäi, e liewegt Bild vun der Krichszäit ze ginn.

# 't huet fuerchtbar geknuppt an dat all Nuecht

Déi éischt Preisen, mat deene mir ze dinn haten, ware superfein. Dat ware Familljepappen. Si si mat Päerd komm an hunn eis grouss Scheier hannert dem Haus requisitionnéiert, fir hir Päerd ënnerzestellen. Mir haten eng grouss Kichen, wou se gekacht hunn. Ech als klenge Bouf war beléift, well d'Männer hunn hir eege Kanner vermësst. Si waren ewéi geckeg mat deene klenge Kanner. Si hu mech och alt op e Päerd gesat. Enges Daags hat ech Pech a sinn erofgefall. Ech hat e Lach am Kapp. Zu Wahl war déi Zäit keen Dokter, et war just een zu Réiden. Ee vun de Männer huet mech op säi Päerd gesat an op Bëschrued bei hire Stabsarzt bruecht. Deen huet mech gebutt an du si mer um Päerd erëm heem geridden. Déi Leit haten och en Häerz.

Am Géigesaz zu de Preise waren d'Amerikaner, wéi déi komm sinn, vill méi rau. Si koume 1944 an haten e puer Joer Krich hanneru sech an och déi schrecklech Kämpf an der Normandie. Mir sinn trotzdeem gutt mat hinnen eens ginn.

Wéi d'Rundstedt-Offensive ugaang ass, hu mir e puer Deeg am Keller musse verbréngen. Et war e verwëllefte Gromperekeller. Wa geschoss ginn ass, hunn d'Amerikaner ons an de Keller gejot an do louche mer zwou Nuechte laang op de Gromperen. Hannert der Mauer vun eisem Grondstéck war eng déck Kanoun opgestallt, déi huet doropper op den Napoleonsgaart geschoss, op déi Strooss, déi eriwwer gaang ass an d'Belsch. All Minutt huet dat fuerchtbar geknuppt an dat all Nuecht. Et war fir geckeg ze ginn.

Mir hunn och gesinn, wéi d'Amerikaner do gehaust hunn, an deene Lächer. Et war dat Joer, wou dee schreckleche Wanter war a si hate sech déif agegruewen. Du hunn ech fir d'éischt a mengem Liewen eng Jeep gesinn an dat war fir sou e klenge Bouf immens interessant.

Um Enn vum Krich war eng schlëmm Attack. E preisesche Batailloun mat Päerd ass duerch d'Duerf gezunn an d'Amerikaner hu mat de Fligeren attackéiert. Et muss e schrecklecht Gemetzel gewiescht sinn. Mir hunn déi vill doudeg Päerd gesinn, awer déi doudeg Zaldote krute mer gottseidank net ze gesinn.

Bei der Liberatioun, wéi mer gefeiert hunn, hate mer d'Bild vum Hitler an der Schoul vun der Mauer erofgerappt, op e Weenche gehäit, an du de Spott gemaach. D'Amerikaner haten eng kleng Këscht leie gelooss mat, wéi mir gemengt hunn, Loftballonen dran. Déi hu mir opgeblosen an un de Weenche gestréckt. Hei koum de Paschtouer an huet sech fuerchtbar opgereegt. Wat mir net woussten: et ware keng Ballonen, et ware Kapëttercher.

Mir hunn nom Krich natierlech ganz vill gespillt mat deene Saachen, déi do leie bliwwe sinn, wéi Munitioun, Polver asw. Do ass dann och eng geschitt: Zwee Bouwen hunn an hirem Haff eng Granat gezünt. An der Mëtt vum Haff louch en décken Holzkoup. Si souzen hannert dem Holzkoup a si hunn d'Granat gehäit. An deem Moment geet d'viischt Dier op an et koum deem engen seng Schwëster eraus. Hat krut e Splitter riicht an d'Häerz a war dout op der Plaz!

Dat Begriefnis mat där klenger Lued, dat war ëppes, wat schrecklech u mech gaang ass.

***Théo Pletschette vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vu senger Kandheet zu Wahl***



Wéi am Mee 1940 d'Preisen ageréckt sinn, waren d'Kanner veronséchert an hu vill Froe gestallt.

# „Wat geschéit elo?", hunn ech gefrot

Fréi muerjes ass eis Mamm an d'Kummer komm: „Kanner, d'Preise sinn do."

Et woar gewosst, dass eppes an der Maach wär, awer wéini, dat wosst keen. Op der Bréck hat de Geometer Schikanen aus Beton opriichte gelooss („Schuster-Linie"), op der Mondorfer Strooss woaren 3 Meter héich Mauere versat gebaut ginn an um Janglis-Gleis stongen zwéi Waggone mat Kuelen. All dat huet den Amarsch net opgehal. Et ass gezielt ginn, zu Bous hätten se en Douanier erschoss, dee sech an d'Wee gestallt hat.

Lo stonge mir mat plakege Féiss hannert dem Rideau nozekucken, wéi d'Zaldoten a laange Reien laanscht eist Haus gezu sinn. Ouni Kaméidi ze maachen, d'Gewier am Uschlag.

„Wat geschéit elo?", hunn ech gefrot. D'Mamm wosst et net. Mir sollten et geschwë gewuer ginn.

***Andrée Hansen-Rhein vu Bous, Joergank 1932, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech***



D'Schuster-Linie konnt den Amarsch net ophalen



D'Bouwe ware vun den Zaldoten an hire Gefierer faszinéiert. Hire Virwëtz huet se och alt a geféierlech Situatioune bruecht.

# Den 10. Mai

Früh am Morgen des 10. Mai 1940 riefen meine Eltern: „Kanner, d'Preise sinn do!" Meine zwei Brüder und ich waren nie so schnell wach und in den Kleidern gewesen. Also war das ängstlich erwartete, unvermeidliche, böse, aber spannende Ereignis Wirklichkeit geworden!

Wir wohnten in Hamm im Äppelwee, einer kleinen Nebenstraße, dicht an der Eisenbahnlinie nach Wasserbillig und der Straße Hämmerdällchen, Richtung Remich.

Außer einer motorisierten deutschen Vorhut waren für uns aber noch keine Soldaten zu sehen. Deshalb machte ich mich mit meinen zwei Brüdern und meinen Cousins, um halb acht Uhr auf den langen Schulweg nach Hamm, den Schulranzen auf dem Rücken. Ein Fi156 Fieseler-Storch-Aufklärer kreiste langsam in niedriger Höhe über uns am sonnig-dunstigen Frühlingshimmel. Am Fetschebur, dem beliebten Spielort vorbei, erreichten wir die Bahnschranke, wo an der Haltestelle des städtischen Busses, Buschauffeur Schmitz aus Hamm-



Den Äppelwee zu Hamm: Vue no Westen

Kolonie uns zurief, wir sollten nach Hause gehen, es gäbe heute keinen Unterricht. Für uns eher eine gute Nachricht! Ein eintöniges, anhaltendes Gebrumme von vermutlich sehr tief fliegenden Flugzeugen war hinter dem sichtversperrenden Tannenwald in Richtung Hamm-Schleifmühle zu hören. Zu gerne hätte ich diesem aufregenden Schauspiel zugesehen.

Im Laufe des Vormittags zog eine endlose Militärkolonne nach Westen: zu Fuß, mit Kriegsgerät, Pferdefuhrwerken, motorisierten Wagen und Kanonen. Von unserm Garten aus konnte man sie gut beobachten. Vormittags erschien auch ein kleiner Trupp deutscher Soldaten. Sie begannen Äste des Apfelbaumes zu kappen, die zu nahe an die Telefondrähte längs der Eisenbahn reichten. Meine Großmutter sagte resigniert dazu: „Schade um die schönen Ramburblüten, nicht wahr!" Die Soldaten waren derselben Meinung und zogen zum Nachbarn weiter.

Auf Cents zogen lange Reihen Fußtruppen durch. Wir Buben mussten schnell dorthin, um die im Schatten der Platanenallee rastenden, müden Krieger zu bestaunen. Es fiel uns auf, wie in der Straßenmitte ihre Gewehre zeltförmig zusammengestellt waren.

Vormittags brausten einige Messerschmidt-Jagdflugzeuge in niedriger Höhe heran; sie kreisten über dem Findel und landeten auch wohl dort. Mir gefielen diese stromlinienförmigen, lauten Raser mit ihrem pfeifenden Nebenton sehr. Diese stellten bei weitem die bekannten Piloten Decker und Hemmer Louis mit ihrem Doppeldecker und Eindecker in den Schatten, die früher manchmal ihre tollkühnen Flugkünste zeigten.

Zuschauen genügte mir nicht. Ich verfolgte die tief fliegenden Wundermaschinen so schnell ich laufen konnte, um die so äußerst spannenden Augenblicke möglichst lange zu genießen. Schon lange stand mein Vorsatz fest, auch Pilot zu werden.









Am Nachmittag schickte meine Mutter meinen älteren Bruder mit zwei leeren Flaschen nach Hamm zur Epicerie Watgen, um Speiseöl zu kaufen. Leider war der Laden durch Hamsterkäufe schon leergekauft.

Am Nachmittag war ich allein zu Hause; meine Brüder mit den Cousins waren ausgezogen, um auf Kuhberg (Fort Dumoulin) Flak-Stellungen (Flugabwehrkanone) zu besichtigen. Überrascht waren wir alle, dass die erwarteten Kriegshandlungen durch die französische Armee ausblieben. „Am Abend wird bestimmt ein Gegenangriff erfolgen", meinten wir Buben. Plötzlich war naher Flugzeuglärm zu hören, und schon krachte es ohrenbetäubend von überall her. Am blauen Himmel bildeten sich über uns explodierende Flakwölkchen. „Schnell ins Haus!" rief meine Großmutter und zog mich panikartig in Sicherheit. In der Küche weinte mein Schwesterchen laut in der Schaukelwiege. Warum war doch die Mutter nicht da? Ich fühlte mich sehr verlassen, jetzt wo der Krieg begonnen hatte und draußen die ersten französischen Flugzeuge in den Kampf zogen. Ich konnte nicht einmal mein Schwesterchen beruhigen. Es stellte sich heraus, dass meine Mutter einen Plausch über die aufregenden Kriegsereignisse mit der Nachbarin gehabt hatte.

Meine Brüder und Cousins waren bei der Artilleriestellung während der Kanonade überrascht worden. Ein Soldat riss meinen um ein Jahr jüngeren Bruder vor einem tiefschießenden Flakgeschütz zu Boden, erzählte man mir. Auf dieses kurze Feindgefecht kehrte am Abend wieder Ruhe ein. Eine deutschstämmige Nachbarin fuhr auf ihrem Fahrrad auf Kuhberg, wo die deutschen Stellungen lagen und erklärte glückstrahlend: „Ich fahre sie begrüßen!" Wir Buben konnten uns nicht vorstellen, dass man offen Sympathie für unsere Feinde bekundete.

Der Abend verlief friedlich. Die erwartete französische Offensive, die durch Aufklärungsflüge eingeleitet schien, war ausgeblieben. War in Luxemburg der unvermeidbar gemeinte Krieg vorbei? Ich war hin und her gerissen von verwirrenden Gefühlen der Enttäuschung und Erleichterung.

***Ferdy Dumont vun Elleng,***
***Joergank 1932, erzielt vu senger Kandheet zu Hamm***

Och de John Weber war a senge Gefiller hin an hier gerappt.

# Mäi Grousspapp, de selbsternannten Expert


Dem John Weber säi Grousspapp, den „Expert an alle militäreschen Affairen“

Wéi kann ech mech nach esou gutt u mäi Grousspapp erënneren, deen doheem de selbsternannten Expert an alle militäreschen Affairë war. Wéi de Krich ugaangen ass, sot hien: „Elo kréien d’Preisen der laanscht d’P…! Kuckt emol do déi brillant polnesch Kavallerieregimenter, weider hu mer d‘Royal Navy op eiser Säit an dann déi gigantesch Maginotlinn. Do wäerten Hitler a Konsorten sech d’Zänn ausbäissen.“

All gudden Dag huet de Bopi eis d’Noriichte vum Krich matgedeelt: „Se hunn de Preise scho 17 Fligeren erofgeschoss an déi hu geschwënn d’Box voll“, an esou weider an esou fort. Wou hien all déi Noriichten hier hat, weess ech net.

Du koum den 10. Mee 1940, d’Preise waren do, dat heescht zu Déifferdeng waren et fir d'éischt d'Fransousen: E Spahis-Regiment mat wonnerschéine Päerd a martialesche Reider. Ech ka mech erënneren, wéi de Bop mat engem franséischen Offizéier d’Lag diskutéiert huet an him bestëmmt fachmännesch Rotschléi ginn huet.

Zu mär sot de Bop: „Deen éischte Preiss, dee mär ënnert d’Hänn fällt, gëtt erwiergt.“ Mär sinn d’Schudderen ausgaangen.

Du koum nach d’Episod vun der Galerie: D’Fransousen hate sech zeréckgezunn an hunn Déifferdeng an d’Ëmgéigend ënner Artilleriebeschoss geholl. Dofir hunn déi Leit, déi no bei der Galerie gewunnt hunn, an deene däischteren a fiichte Gäng Schutz geholl. No zwéin Deeg an zwou Nuechten hate mer ës genuch a meng Groussmamm, jo meng Groussmamm, huet decidéiert: „Lo gi mer heem“, an am Gänsemarsch hu mer eis op de Wee gemaach, fir dee Kilometer bis heem ze packen. All Kéier, wann eng Granat an der Géigend explodéiert ass, da sot de Bop: „Dat war e 75-er“ (eng franséisch 75 mm Granat).

Den nächsten Dag war et roueg an ech stung muerjes mam Bop virun der Dier. Hei gesi mer ënnen an der Héisengerstrooss e Motorad kommen. Et koum méi no a mär hu gesinn: et wor e Preiss. Hie blouf bei eis stoen an huet gefrot: „Vesquehof, links oder rechts?“ Ech duet: „Deen aarme Jong, lo hëlt de Bop e bei der Strass.“ Mä dee seet: „Dann müssen sie gleich dort oben die linke Strasse nehmen.“ (De Vesquehof war en Haff, „um Bau“ sote mär, wou d’Lëtzebuerger Douane war.) Ech wor gläichzäiteg enttäuscht an erléist. „Danke“, sot de Preiss an ass onbehellegt weidergefuer.

Den nächste Muerjen, mär sutze beim Kaffi, du huet et un der Dier geschellt. Meng Mamm mécht d’viischt Dier op an du stungen zwee preisesch Zaldoten do. Héiflech huet deen ee gefrot: „Dürfen wir unsere Feldflaschen bei ihnen mit Wasser auffüllen?“ „Bitte“, sot meng Mamm a si si bei eis an d’Kiche komm. Menger Mamm huet et leed fir di zwee Jonge gedoen an si huet se un den Dësch invitéiert, fir eng Taass Kaffi ze drénken. Deen Eelste vun hinnen huet geschwat a geschwat, vum Polenfeldzug a wat hien net schonn alles gemat hat. Deen aneren, ech erënnere mech, hien hat rout Hoer, huet op eemol ugefaangen ze kräischen. „Er hat gestern die ersten toten Kameraden gesehen“, sot deen aneren.

De Bop sutz beim Brout (et war e Fënnefpënner). En hëlt dat grousst Broutmesser. „Elo kréien déi zwéin de Kapp ofgeschniddent“, hunn ech geduecht. Neen, hie garrelt e puer Schmieren erof. Ech wor erliichtert. Déi zwéi Preisen hunn héiflech „Danke schön“ gesot, hire Karabiner op d’Schëller geholl a si gaangen.

Du koumen déi véier laang Joer vun der preisescher Okkupatioun. De Bop huet kengem Preiss och nëmmen en Hoer gekrëmmt, meng Bomi, eng courageiert Fra, hat do d’Soen, mä dat ass eng aner Geschicht.

***John Weber vun Zolwer, Joergank 1930, erzielt vu senger Kandheet zu Déifferdeng***

**An der Géigend ëm Schengen sinn d'Leit schonn direkt am Ufank vum Krich evakuéiert ginn.**

# Mam Leederwon an d'Evakuatioun

Am Fréijoer 1940 huet een op der anerer Säit vun der Musel Kanounen héiere schéissen, et huet sech grujeleg ugehéiert. Di Schengener Bréck war am Hierscht scho gesprengt ginn. Du koum den 10. Mee 1940. Eis Mamm huet eis muerges geruff: „Kanner, et ass keng Schoul, d'Preise sinn hei!"

Deen aneren Dag muerges koum de Gemengebuet mat der Schell duerch d'Duerf, begleet vun engem preiseschen Offizéier: „Das Dorf muss geräumt werden. Bis heute abend 6 Uhr ist das Dorf leer, wir haben Kriegszustand!"

Gläich drop huet eise Papp de Leederwon virun d'Haus bruecht an et gouf ugefaangen, di néidegst Saachen opzelueden. Mäi Gott, wat en Duercherneen, d'Bettgedecks, dat gutt Léngent, de gudde Parzeläin, e puer Dëpper, jiddderengem säi Gezei, eis Schoulsaachen. Alles, wat de Leit am Liewen nach wichteg war, ass opgeluede ginn. Fir mech war dat meng grouss Popp, déi hunn ech ënnert den Aarm geholl an net méi lass gelooss bis mir an eisem Ënnerdaach ukomm waren.

Uewen op de Won koum nach eng Maandel mat dem Fleesch aus der Haascht, well dat sollt jo net den Zaldoten iwwerlooss ginn. Mir haten nach eng Kluck mat Jippelcher vun e puer Deeg. Déi hu mer an eng Stréikuebel gesat, mat lächeregem Sakduch zougebonnen, a matgeholl.

Mir hunn eis der Flüchtlingskarawann ugeschloss, déi am Gaang war, d'Duerf ze verloossen. Um Wee fir op Ierpeldengen, stounge laanscht d'Strooss Flakgeschützer, asazbereet géint franséisch Fliger. Bei deene leschten Haiser hu preisesch Zaldote Wuecht gehalen an hu kee méi an d'Duerf eragelooss.

Kaum ware mir aus dem Duerf eraus, huet een um Himmel en Dauschen héieren: Franséisch Fliger! A schonn huet d'Flak just nieft eis aus alle Réier geschoss. Eis Päerd hu gefaart, wollte sech lassrappen a si vir an d'Luucht gesprongen. Si hu sech awer duerch d'Geschécklechkeet vun de Männer e bëssche berouegt. Gott sei Dank waren et och nëmmen 2 Fliger, di komm waren.

Déi Saach war nach gutt gaangen, hate mir gemengt. Fir eis jo, awer dem Bauer Néckel säin eent Päerd hat e Fillen, dat nieft senger Mamm matgelaf ass. Dat hat e Bee gebrach an all deem Tumult. Wat maachen? Keng Hëllef wäit a breet. Si hunn dat aarmt léift Déierche missen erschéissen an um Bord vun der Strooss zréckloossen. Fir mech war dat ganz, ganz schlëmm an et huet mir an der Séil wéi gedoen.

No onendlech laanger Zäit, esou ass et mir virkomm, si mir bei Monni an Tatta am Dall ukomm. No zwéin Deeg si mir och do an d'Schoul gaangen. Well d'preisesch Arméi di Daller Schoul als Lazarett gebraucht huet, waren d'Klassen an engem grousse Wiertshaus ënnerbruecht. E ganze Sall voll friemer Kanner, eng friem Joffer, déi esou haart geschwat huet, wéi ech et nach net erlieft hat.

Dat allerschlëmmst awer war, dass mir um Schoulwee ëmmer laanscht dat Lazarett hu misste goen. Bei guddem Wieder souzen déi verwonnten Zaldoten dobaussen, mat bluddege Verbänn ëm de Kapp oder ëm den Aarm oder si haten nëmmen en halleft Been a si mat Krätschen do gehumpelt. Doheem bei der Mamm hunn ech gekrasch a gemengt, ech ging hei ni, ni méi an d'Schoul goen.

Mäi gréissere Brudder, dee méi haart war wéi ech, konnt dat alles besser verkraaften. Ech hunn hien als Virbild dohinner gesat kritt an ech sollt mech zesummerappen, wat ech da méi oder manner duerchgehalen hunn. No siwen onendlech laange Wochen hu mir d'Noriicht kritt, di evakuéiert Leit kinnten nees zréck an hir Dierfer. Mat Erliichterung ass erëm alles op de Won geluede ginn.

Erëm doheem, mat liichtem Häerz, frou zu eiser Hausdier kënnen eranzegoen a sech erëm wuel ze fillen, dat hat ech mir virgestallt. Leider war dat net esou. Et war näischt méi wéi virdrun. Néirens war méi e preiseschen Zaldot ze gesinn, mä hir Spuere waren däitlech genuch. Et war alles verknascht. Et huet no Zaldote gericht, no Waffen, no all Méiglechem, mä net no Heem.

Et louche Saachen am Haus, déi eis net gehéiert hunn, an am Géigendeel hu mir Saache vermësst, déi mir onbedéngt gebraucht hätten. Eise schéinen Héngerhaff ass et net méi ginn. Eent vun deenen aarmen Déiere luch gebroden an zur Halschecht giess an der Kichen an engem Dëppen. Eisem Papp säi Beiestack, deen am Gaart ënnert dem Quiddebam stung, war ausgereechert an den Hunneg geklaut.

Eise Monni Batt hat mir an deem selwechte Fréijoer eng Kaz geschenkt, de Griselchen, e mausgrot, léift, heemlecht Déierchen. Mir konnten hatt net mathuelen, well et an deem Duercherneen net ze fanne war. Sou vill mir och nom Griselchen gesicht a geruff hunn, hatt blouf verschollen.

Lues a lues huet alles sech e bësschen normaliséiert, awer näischt war méi wéi virdrun.

***Madeleine Wies-Bredimus vun Elleng, Joergank 1933***

# An dunn, den 10. Mee, si se komm

Mat mengem Papp a menge Geschwëster woare mir an der Gewan am Gaang Gromperen ze leeën. Duerch d'Hecken hu mir héieren, wéi et wäit ewech geknuppt a gehummert huet. Ass do net och gesong ginn? „Preisesch Marschlidder“, sot mäi Brudder. Mäi Papp huet eis gedriwwen: „Maacht virun, dass mir hei ewechkommen.“

E puer Deeg duerno si mir gewuer ginn, wat lass woar. D’Musel woar déi Zäit nach net kanaliséiert, an zäitweis esou niddereg, dass een hätt kënnen zu Fouss déi Säit goen. Dovun hunn d’Preise profitéiert: se hunn en hëlzen Iwwergang gebaut a konnten esou bequem an dréchenes Fouss eriwwerkommen. D’Bréck zu Schengen woar schonn 1939 gesprengt ginn.

An dunn, den 10 Mee, si se komm: mam Päerd an zu Fouss mam Tornëschter, d’Gewier op der Schëller. Uniforméiert mat grénge Mäntel, Helm a Stiwwelen. Op eemol woaren d’Duerf an de Bierg voller Zaldoten. Vu Schengen eriwwer hu mir et schéissen héieren, dat mussen d’Fransouse gewiescht sinn.

„D’Kanner mussen eraus hei“, sot eise Papp, an huet e Camion organiséiert. Mir hu Kleeder, Wäsch an Iessen agepaakt a si lass gefuer. Eis Mamm souz vir an der Kabinn nieft dem Chauffeur a mir Kanner hannen op Matrassen an dem Bettgezei. Eise Papp ass doheem bei de Béischter bliwwen.

Wéi mir zu Réimech duerch de Wénkel gefuer sinn, op der Muselstrooss, huet et vun däitschen Zaldote gewibbelt, do huet et ënner de Pneue gekréckelt vu Glasschierbelen: hei hat et scho gekraacht. Futtis Fënsteren a verschreckte Gesiichter. Mir wärten dach kee Platte kréien! Voller Angscht si mir weidergefuer, Richtung Briedemes a weider op Buddeler bei eis Famill.

***Mme E.K.K. vu Wëntreng, Joergank 1931***





# Dat ass us Bréck

Am 4. September 1939 sollte unser 6. Schuljahr beginnen, aber es kam alles anders. Am Sonntag, den 3.9. gegen 4 Uhr nachmittags wurde mein Vater, als Schöffe, von den „Douaniers“ gerufen und musste auf die deutsche Seite der Brücke, wo ihm vom deutschen Militär mitgeteilt wurde, dass Deutschland und Frankreich den Krieg erklärt hatten. Beim ersten Schuss der Franzosen würde die Schengener Brücke gesprengt werden! Die liegt ja genau in der Drei-Länder-Ecke.

Kurz, wir Schengener mussten in aller Eile unsere Häuser verlassen und suchten Schutz im Steinbruch an der „Zeckerbaach“. Lange, bange Stunden vergingen und nichts geschah. Als es dunkel wurde, wurden wir evakuiert. Das ganze Dorf wurde mit Bus und Wagen, einige nach Remerschen, andere nach Dalheim gebracht.

Meine Mutter packte nur das Nötigste in Kissenbezüge und Säcke. Spät kamen wir bei „Tatta“ und „Monni“ in Remerschen an. Vier Cousins saßen dort auf den Knien und beteten für die Schengener. Am nächsten Tag kamen wir zum „Monni“ in Bech-Kleinmacher. Nach einigen Tagen musste ich dort in die Schule. Ich hatte es schwer dort, ich war fremd und tat den Mund nicht auf.

Am 16. September wurde morgens alles durch einen schrecklichen Knall erschüttert. Später erzählte man mir, ich hätte geschrien: „Dat ass us Bréck!“ Ich weinte so sehr, dass ich zu meinen Eltern geschickt wurde.

Ein paar Wochen später kamen wir nach Remich. Wieder Schulwechsel. Da mein Vater Geschäftsmann war, hatten wir kein Vieh und mussten nicht, wie die Bauern und Winzer, immer nach Schengen zurück, trotz der Granaten und Splitter, die es jeden Tag regnete. Etliche Male aber nahm mein Vater mich mit nach Schengen auf unseren Speicher und wir beobachteten auf den Gleisen vor dem Perler Bahnhof Soldaten im Schnee, vermummt in weiße Tücher, so dass man nicht erkennen konnte, welche die Deutschen und welche die Franzosen waren. Später gingen sie gemeinsam in ein Wirtshaus in der Nähe. Ein anderes Mal sahen wir mehrere Panzer in einem Bongert, wo sie die Obstbäume einfach „ummähten“. Das war die „drôle de guerre“.

Ab November wurden wir Schulkinder alle zusammen im Remicher Kinderheim unterrichtet. Wir schliefen in einem Dortoir und nachts hatten wir immer Angst. Durch die großen Fenster sahen wir helle Scheinwerfer am Himmel und wir hörten die Flieger.

Am 10. Mai wurde Schengen wieder geräumt und alle mussten fort.

Nach dem turbulenten 6. Schuljahr meldeten meine Eltern mich im Pensionat Notre-Dame in Diekirch an. Auf der Septième hatte ich es schwer. Mir fehlte die Basis. Aber die Schwestern hatten Geduld und ich wurde immer ruhiger.

Dann freuten wir uns auf die Osterferien 1941. Aber es kam anders: Die Schulklingel schellte ganz lange und wir wurden in den großen Festsaal gerufen. Die Schwestern weinten und hatten den Schleier vor dem hocherhobenen Gesicht. Und dann kamen die Soldaten in der gelben Uniform mit dem Hakenkreuz und riefen: „Das Pensionat ist geschlossen."

Wie kam ich nach Hause? Mit dem Zug nach Luxemburg, dann mit dem „Jangeli" nach Mondorf, dann Bus „Pierchen" oder „Raths". Meine ganze Habe war in einem großen Reisekorb und genau bei Oedels fiel er vom Busdach. Korb kaputt und alles lag im „Kulang". Weinend lief ich zu meiner Mutter.

Für das dritte Trimester vom siebten Schuljahr musste ich zu Hause zu Herrn Lehrer Bomb gehen. Wir hatten nur ein Buch, „Das Volk und Reich der Deutschen." Für jede Kleinigkeit rief er mich auf: „Wer aus der höheren Töchterschule kommt, muss das doch wissen." Es war sehr erniedrigend. Ich wäre viel lieber im Pensionat geblieben.

***Mme M.T. vu Schengen, Joergank 1928***

No baussen hin huet een sech deenen neie preisesche Regele missen upassen.

## E Fändel fir den Hitler

Den Hitler sollt mëttes um hallwer véier mam Auto duerch Réimech fueren. Duerfir hu mir an der Schoul pabeiere Fändelen an d'Hand gedréckt kritt. Mir sollten doheem d'Haiser dekoréieren.

Wat sollt mäi Papp maachen? Hien hëlt e Blummestack, stécht de Fändel flatsch an d'Mëtt an dréit dat Däppen op déi éischt Fënster. Eis Mamm huet zefridden am Gaart pickéiert. Wéi se dat gesäit, spréngt se op, rosen ewéi eng Spann, rappt de Fändel eraus an zerappt en, huddel a Fatz.

***Andrée Hansen-Rhein vu Bous, Joergank 1932, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech***



D'Lëtzebuerger Nimm si verdäitscht ginn.

## Umbenannt

Nom Iwwerfall 1940 hunn déi Däitsch, ënnert dem Gauleiter Gustav Simon, d'Land regéiert. 't woar näischt méi richteg: Mir sinn „umgeschult" an „umbenannt" ginn.

Dorobber hin hu meng Eltere mäi Brudder Jean-Paul kuerz Paul genannt: soss maachen déi nach en „Hans" doraus!

Bei mir louch de Fall anescht: „Ihre Tochter muss umbenannt werden", huet den neie Gemeindeschreiber gesot. „Aber warum", äntwert meng Mamm an hirem beschten Hochdeutsch, „Unser Gauleiter heißt doch auch Simon!"

Wann dat keen Argument woar! Ech duerft mäin Numm behalen.

En Nopeschjong huet Roger geheescht, doraus ass „Rüdiger" ginn. Dat konnt säi Papp net verkraften. En huet den Numm op der Zensur ausradéiert a „Roger" geschriff. Dat gewote Spillchen ass hin an hier gaangen. D'Resultat woar eng duerchradéierte Plaz op der Zensur.

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***

# De Robert



An de Krichsjoren hunn d'Preisen d'Päerd beschlagnahmt. Si sinn einfach an de Stall komm, hunn d'Päerd matgeholl, a fort iwwer d'Bréck.

„Ise Robert, dee kréit keen", sou sot eise Papp
Mir Kanner wossten: wat deen am Kapp!
Du koumen d'Preisen:
De Stall woar eidel!

De Robert stoung am Hannerhaus
a kuckt do stëll zur Fënster raus.
De Papp hat gewonnen seng Wett,
an de Robert, dee woar gerett!

***Simone Rosen-Bonenberger***
***no enger Erzielung***



D'Angscht, erwëscht oder verroden ze ginn, huet zum Alldag gehéiert.

# Angscht a Mësstrauen

An eisem Haus woar um Rez-de-Chaussée eng Epicerie, eng Cogenal. D'Joffer, déi se geféiert huet, hat oft däitsch Offizéier op Besuch. Mir hunn um éischte Stack gewunnt an iwwer eis eng Famill mat zwee Kanner an eisem Alter, de Papp, de Pier, woar Zaldot an der Wehrmacht.

„Heil Hitler", begréisst eise Locataire meng Mamm doheem am Trapenhaus. „Heil Peter", äntwert meng Mamm, gutt gelaunt. „Passt op, wat Dir sot!" De Pier woar kee Wéischten. Déi Zäit konnt esou eng Äntwert een awer deier ze stoe kommen. 't si Leit fir manner „iwwer d'Bréck geschéckt ginn". Mir hunn et fir dat geholl, wat et woar: eng gutt gemengte Warnung.

Wéi mir een Dag aus der Schoul komm sinn, mäi Brudder an ech, du sëtzt eise Papp ganz no beim Radio, dee lues gelaf ass: „Lauschters Du den Englänner?", freet mäi Brudder wichteg. Mäi Papp ass opgefuer, sou hate mir en nach ni



D'Verdunklungspflicht huet misse streng agehale ginn



gesinn: deen Ausdrock, déi Stëmm. En huet net hoart geschwat, awer ech hunn e gefoart a mech bei meng Mamm gedréckt: „Ni méi, héiers du, ni méi wëll ech dat Wuert do héieren. An dass dir allen zwee mir näischt dobausse verziele gitt. Oder solle mir iwwer d'Bréck?"

Déi Zäit woar mat Style-Miwwele kee Geschäft ze maachen, dofir hat eise Papp keng Aarbecht. Dat haten d'Preise séier gewosst (oder hat een hinnen et gesot?). Dofir huet hie mussen an d'„Verdunklungs-Fabrik" schaffe goen.

Do si Rolloe gemat gi fir an d'Fënstere vun den Haiser. Keng Luucht sollt de Fliger en Unhaltspunkt ginn, wou eng Uertschaft wär. Dat ass streng kontrolléiert an esouguer protokolléiert ginn. 't woar „Verdunklungspflicht".

Angscht a Mësstrauen, dat woar Alldag am Krich. An de Stroossen honge Plakaten: „Achtung, der Feind hört mit".

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***

# Dat ass keng Spillplaz

Et woar eis Kanner streng verbueden, an d'Schräinerei ze goen. Am Atelier nieft dem Haus ass scho laang net méi geschafft ginn. D'Huwwelbänk, d'Handwierksgeschir an d'Bandsee, alles woar nach do. Dofir huet et geheescht: „Bleift do eraus, dat ass keng Spillplaz!"

't ass laang gutt gaangen, mir hunn eis dru gehalen. Bis een Dag. Mir hunn eis gelangweilt, 't woar roueg ëm d'Haus. Du hu mir eis ës dach getraut. D'Dier woar net gespoart, a mir eran.

Dobannen alles roueg a verlooss. „Do ass eng Trap, loosst mir eropgoen a kucke wéi et do uewen ausgesäit." Mir woare schonn an der Halschent, du kënnt d'Bom gelaf: „Wat gëtt dat do, a séier erof, ech maachen iech Been, dajee dajee." Mir si méi getrollt wéi gaangen, an et gouf der lénks, an et gouf der rechts. Sou hate mir eis Bom nach net erlieft.

Wat mir net wossten: Um Späicher hunn der zwéi geziddert, d'Jonge woaren do verstoppt. Dat duerfte mir net wëssen, dat woar näischt fir Kanner. Wéi séier konnten déi sech verplapperen.

***Mme B.R. vun Wellesteen, Joergank 1937***





# Liewensmëttelkoarten

No der Schoul huet meng Mamm mech bei de Bäcker geschéckt: „Hei ass d'Koart mat den Ticketen, so zu der Mme Petgen, se soll déi ënnescht Rei ganz erofschneiden."

Wat ech deemools net wosst, woar dass déi Marken, déi zevill waren, fir d'Jonge wieren, déi verstoppt woaren. De Bäcker huet se weiderginn.

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***

D'Konsequenze vun enger patriotescher Haltung waren haart. Kanner hunn erlieft, wéi hire Papp vun engem Dag zum anere fort war.

# Ech war zwee Joer mat menger Mamm eleng

Ech war e Bouf vun 8 Joer, wéi mir am Mee 1941 an onser Schoul an e Sall zesumme geruff si ginn. Do krute mer en Ziedel, dee mer sollte vun onsen Elteren ënnerschreiwe loossen, datt mer ons géifen an d'Hitlerjugend mellen. Dat éischt wat meng Mamm gemaach huet, si huet ouni ee Wuert ze soen, den Ziedel zerrappt an an d'Dreckskëscht gehäit.

Et hat sech och schonn erëmgeschwat, datt Kanner vun Elteren, déi „deutschfreundlich" waren, an der HJ all méiglech Cadeaue kruten, wéi z.B. en Dolch an allerlee Ofzeechen. Dat war eng gutt Taktik fir d'Jugend ze begeeschteren.

Ech weess net firwat, awer et ass mer näischt geschitt, obschonns ech nach ëmmer net, wéi vill vu menge Komeroden, an der HJ war. Heiansdo sinn ech

awer, ouni offiziell Member ze sinn, bei hiren Aktiounen, wéi z.B. Gromperekäfer sammelen, matgaangen. Dat hunn ech ganz spannend fonnt, d'Blieder ëmzedréien an dann déi Déiercher erofzeschären an an eng Këscht ze maachen. Et war eng richteg Juegd, wien déi meescht an senger Këscht hat.

Et huet awer net laang gedauert, du haten se mäi Papp am Viséier. Hie war als Douanier verpflicht an d'VDB (Volksdeutsche Bewegung) ze goen. Dat huet hien awer strikt refuséiert. D'Konsequenze vun senger couragéierter Haltung sinn och geschwë komm: kuerz viru menger éischter Kommioun ass hie strofversat ginn.

Fir d'éischt an Ostdäitschland op Flensburg. Et war him awer erlaabt ginn, fir e puer Deeg heemzekommen a mat senger Famill dat Fest ze feieren. Duerno koum hien an d'Württembergescht an d'Géigend vu Rothenburg ob der Tauber. Zum Schluss war hien nach e puer Méint un der däitscher Musel bei Bernkastel.

Ech war am ganzen zwee Joer mat menger Mamm eleng. An där Zäit hunn ech och emol mussten am Stot hëllefen oder Kommissioune maachen.

***Paul Wallers vu Fenteng, Joergank 1933, erzielt vu senger Kandheet zu Ettelbréck***







# Meng Groussmamm hat d'Iddi

Et war am Januar 1941. Mäi Papp hat iergendwou op der Schmelz en Anti-Nazi Flugblat an d'Hänn kritt an, guttgleeweg wéi hie wor, huet hien et weiderverbreet. Ee vun sengen Aarbechtskollegen huet hie bei der Gestapo denoncéiert an enges Muerges stungen d'Preise bei eis an der Stuff, fir mäi Papp ze verhaften.

Si hunn hien irgendwéi eppes gefrot a wéi hien net geäntwert huet, hunn si him eng mat der Fauscht an d'Gesiicht geschloen. Ech hat 11 Joer a stung derniewent. Wéi mäi Papp do geäntwert huet, soten si: „Na, wenn Sie eine in die Schnauze kriegen, dann können Sie sprechen." Si sinn du mat him an d'Villa Pauly gefuer.

Doheem huet meng Groussmamm de Krichsrot presidéiert. Et gong drëm de Preisen eng opzehänken, wéi mäi Papp un dat Flugblat komm wier, fir ze verhënneren, datt d'Preisen déi ganz Filière kënnten opräissen.

Si hat d'Iddi: Virun eisem Haus war am Mee 1940 eng Granat explodéiert an d'Splitteren haten de Kulang bei der Mansarde opgerappt. Wann et gereent huet, dann huet et ëmmer erof an eis Bréifboîte gedrëpst: Mär hätten also dat Flugblat an eiser Boîte fonnt a well et duerch d'Waasser bal onlieserlech gewiescht wier, hätt mäi Papp mäi 14-jährege Brudder ugestallt, fir et ofzeschreiwen, als Schreibübung souzesoen. Als Belounung hätt hien him en Täschemesser versprach.

D'Gestapo ass erëm bei eis enquêtéiere komm an du huet meng Mamm hinnen déi Geschicht do op d'Nues gebonnen. D'Preisen hunn e Schrëftstéck an d'Boîte geluecht, sinn da mat engem Eemer Waasser op d'Mansarde gaangen an hunn d'Waasser an de Kulang geschott. Et huet op hiert Schrëftstéck gedrëpst an et wor plausibel, datt et no enger Nuet voller Reen onlieserlech gi wier.

Mäi Brudder huet missen d'Täschemesser weisen, dat d'Bomi him entretemps ginn hat. Alles huet geklappt, d'Preisen hunn et gegleeft a mäi Papp krut nëmme wéinst „Verbreitung deutschfeindlicher Schriften" 6 Méint Prisong opgebrummt. Déi, wou hien d'Flugblat hier hat, bloufen onbehellegt.

Meng Mamm stung do eleng mat 3 Kanner an si huet e Gnadengesuch un de Staatsanwalt gemaach. Als Äntwert krut si: „Abgelehnt!"

***John Weber vun Zolwer, Joergank 1930, erzielt vu senger Kandheet zu Déifferdeng***

# Ass dat do mäi Papp?

„Äert Kand muss an d'Kindergruppe kommen." D'Vorsteherin woar bei menger Mamm doheem. An der Kindergruppe hunn d'Meedercher vum BDM (Bund deutscher Mädchen) mat de Kanner gespillt a geturnt. „Um hallwer véier muss et awer doheem sinn", huet meng Mamm geäntwert, dann huet et Pianos-Stonn. An si ass mech siche komm, wéi et Zäit woar. Dat woar déi eenzeg Kéier, wou ech do woar. Well mäi Papp an der LPL (Lëtzebuerger Patriote Liga) woar, ass hien enges Daags verhaft ginn an op Hinzert komm.

Mat menger Mamm sinn ech dunn an de Stadgronn bei meng Tatta gezunn. Et woar e wäite Wee vum Gronn bis op Bouneweg an d'Schoul an et ass nëmmen all Stonn en Tram gefuer, dofir sinn ech och méi wéi eng Kéier ze spéit komm.

Fliger-Alarm an der Schoul! Alles an de Keller. Do woar et ficht a kal an den Duschraim. E puer Léierpersoune woaren nach uewe bliwwen. Op eemol koume se d'Trap erofgetrollt, een iwwer deen aneren: an der „Zwickau" sinn d'Bommen op d'Gleiser gefall. Mir hu se héieren aschloen, mir hunn eis d'Oueren zougehal, mir hu gefoart a gekrasch. Meng Mamm woar ënnerwee, fir ze hamsteren. „Falen am Éislek och Bommen?", hunn ech d'Léierin gefrot.

Wéi mir glécklech eraus a ganz doheem woaren, ass kee méi an d'Schoul gaangen. Gott sei Dank, well zwéin Deeg duerno ass eng Bomm op d'Schoul gefall.

Am Mäerz 1945 si mir zréck op Réimech gaangen.

„Ass dat do mäi Papp?" Am spéide Summer stong e virun eiser Dier. Ech hunn dee Mann net erkannt, sou gouereg woar en an esou schlecht huet en ausgesinn. Spéider eng Kéier, wéi et him lues a lues besser gaangen ass, huet en erzielt: „Ech hat Chance an der Gefaangeschaft. 50 vun eis sollten erschoss ginn, do war ech och derbäi. Du huet de Gauleiter Simon, aus Angscht virun engem Opstand, déi Zuel op 25 erofgesat. Ech wor bei deenen, déi gestrach gi sinn."

***Mme J.D. vu Réimech, Joergank 1933***





Leit si verschwonnen. D'Kanner hunn dat matkritt, ouni et kënnen ze verstoen.

# Deen ass iwwer d'Bréck

Mir hunn zu Réimech vis-à-vis vun der Kierch gewunnt. Enges Mueres, ech stong grad bei der Fënster, du gung d'Dier vun der Sakristei op. De Kaploun, den Här Wampach, ass buschtäblech eraus geflunn. Direkt hannendrun zwéi preisesch Zaldoten, d'Gewier am Uschlag. Se hunn de Geeschtlechen op e schwaarzen Auto zou dirigéiert, deen an der Strooss houl an en era gestouss. D'Dieren hu geknuppt, de Chauffeur gouf Gas a fort woaren se.

Wéi ech menger Mamm dat gezielt hunn, sot déi: „Deen ass iwwer d'Bréck. Wie weess, wat se mat him maachen?"

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***



No engem Bombardement war de Kanner hire Virwëtz dacks méi grouss wéi hir Angscht

# Dat do bedeit näischt Guddes

An der Neigaass op Nummer 7 stong en einfacht Haus mat Goart. Ënnenan eng Kichen an en Ofstellzëmmer. Doriwwer e grousse Raum: de Judden hir Synagog. Si hunn do eemol am Joer, „am langen Tag“, e feierleche Gottesdéngscht gehalen. Deen Dag hunn se och Matzkuch gebak an eis als Noper dovu matginn.

Och eis Noper woare Judden. Eng Famill mat zwéi Bouwen an eisem Alter, mat deene mir zesummen an der Gaass an an der Scheier gespillt hunn. 't woare roueg, onopfälleg Leit.

Obwuel se virun den Nazi gewarnt woaren, wollten se net fort aus hirem Doheem. „Wat solle mir an Amerika? Mir hu kengem eppes zu Leeds gedoen. Ze huelen ass hei och näischt.“

Enges Daags koum d’Gestapo, eis Noperen hu mussen eraus. Mat anere Judden zesumme kruten se en Zëmmer an engem Haus. Enges Daags huet et du geheescht : „D’Judde si fort.“ „Wouhin?“ „No Theresienstadt.“ „Dat do bedeit näischt Guddes“, soten eis Elteren.

Am Nopeschhaus sinn aner Leit agezunn. Déi haten alles am A. Souguer nuets sinn se duerch d’Gaasse gaangen, fir ze kontrolléiren, op gutt verdunkelt woar. Mir hunn eis net getraut, eng Lut am Stall unzemaachen a si mat Käerzen dohir gaangen. Dat woar ustrengend a geféierlech. Alles woar komplizéiert, mir woaren ëmmer an der Angscht an hu kengem rondrëm getraut.

***Marie-Thérèse Schengen, Joergank 1932, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech***



De Bouwe war et baang, wéi se owes spéit vu Feldgendarmen erwëscht goufen.

# Beim Holzsammeln



De Ferdy Dumont a säi Brudder komme vum Holzsammelen heem

Da während des Krieges am Nachmittag immer schulfrei war, wurde uns an Sommertagen oft aufgetragen, Reisig und Fallholz im nahen Schaedbësch zu sammeln. Die Hinfahrt über den steilen Flëppekräizbierg mit dem Leiterwägelchen hielt unsere Arbeitslust in Grenzen. Lieber spielten und faulenzten wir und zögerten das mühsame Kreuz-und-quer-Streifen durch den Wald sowie das Herbeischleppen der Zweige möglichst lange hinaus. Zum Schluss mussten wir notgedrungen dann doch fleißig werden. Diesmal hatten wir es sogar geschafft, eine größere Menge Holz zusammenzubringen. Ein Seil hielt den hochaufgetürmten Holzhaufen fest.

Doch wir traten die Heimkehr erst an als es schon dunkelte! Um die Straße zu erreichen, mussten wir die schwere Fuhre um eine spitze Feldzunge herumfahren, was einen längeren Umweg bedeutet hätte. Kurzum entschlossen wir uns, quer durch das gepflügte Feld abzukürzen. Es war keine gute Entscheidung, denn nur unter größter Anstrengung gelang es uns, langsam von Scholle zu Scholle den Wagen zu heben und zu schieben.

Inzwischen war es längst tiefschwarze Nacht geworden. Plötzlich leuchteten vor uns Taschenlampen auf. Erschrocken erkannten wir zwei Feldgendarmen mit Gewehr und Brustplakette. Sie mussten feststellen, dass ihnen nur harmlose Buben ins Netz gegangen waren, die froh waren, keine Strafe oder Schelte zu erhalten. Hilfe von ihnen erwarteten und erhielten wir nicht, und so mussten wir uns selbst bis zur ersehnten Straße plagen. Natürlich hatte sich die Mutter der

nächtlichen Heimkehrer wegen Sorgen gemacht. In Anbetracht des vielen Holzes erntete unser halber Fleiß doch ein ganzes Lob.

***Ferdy Dumont vun Elleng, Joergank 1932, erzielt vu senger Kandheet zu Hamm***

Beim Fligeralarm huet d'Nicole Wolfers net d'Gefor erkannt, mä war faszinéiert vum Lametta, deen dobäi duerch d'Loft geschwieft ass.

## Da si sëlwer Sträife vum Himmel gefall

Vum Krich selwer hu mir an der Stad am Fong net vill gespuert. Um Boulevard de Verdun hu mir zu zwee Stéit an engem Haus gewunnt, eng stengen Trap ass an de Keller gaang. Um Buedem am Keller hate mer Matratze geluecht an et waren och Stellagen do mat agemaachtenem Uebst. Hannenaus ass et an de Gaart gaang, do stongen zwéi grouss Wäschträch, déi stänneg mat Waasser gefëllt waren, fir wann et gebrannt hätt.

Wa Fligeralarm war, si mir an de Keller gelaf an da sinn op eemol lauter sëlwer Sträife vum Himmel gefall. Dat gouf benotzt, fir d'Radaren ze stéieren. Da wollt ech onbedéngt op d'Strooss fir dee Lametta ze fänken a meng Mamm hat Méi fir mech am Keller ze halen.

Tëschent den Haiser war eng Wiss, do stongen Zelter mat lauter preiseschen Zaldoten. D'Leit waren net frou doriwwer. Wa mir erausgaange sinn, huet meng Mamm mir de Mond zougehalen, datt ech keng falsch Bemierkung soll maachen.

***Nicole Jung-Wolfers vun Dikrech, Joergank 1939, erzielt vun hirer Kandheet zu Lëtzebuerg-Belair***



D'Amerikaner hunn Hoffnung an d'Land bruecht. De Krich war awer nach net eriwwer an d'Angscht virun de Granate war nach ëmmer grouss.

## Nëmmen net an eise Keller

Op engem schéinen, sonnege Junimuerge sinn ech an d'Schoul gaangen. Dunn ass di aner Säit bei eisem Noper Schmitchen d'Viischtdier opgeflunn, hiert Julie koum eraus, et huet bal de Koplabunz geschloen an haart geruff: „Se si gelant! Ech hat elo grad de Radio un, d'Amerikaner sinn an der Normandie gelant! Endlech gi mer d'Preise lass."

De September ass d'Stad Lëtzebuerg vun den Amerikaner befreit ginn. Fir d'Stad an de Minett war dunn déi preisesch Besatzung eriwwer, awer hei am Dräilännereck war „Niemandsland". Op der Ellenger Gare an zu Ierpeldengen waren nach preisesch Zaldoten, déi do de Leit hir Päerd geklaut hunn. Munchmol huet een et och nach héiere schéissen, et wousst een awer net, vu wou et kéim.

Et war alles onsécher an onheemlech. Kee konnt sech op d'Feld woen, fir säi Rescht Gromperen erauszehuelen. Wann d'Kugele gepaff hunn, ass jiddereen ënnerdaach bliwwen. Mir hate keen Elektresch méi, et ass kee Bäcker mam Brout komm, d'Molkerei ass keng Mëllech siche komm, kee Bréifdréier, keng Zeitung.

Mir haten an eisem Haus eng al Mëllechmaschinn, déi gouf mat der Hand gedréit, fir d'Ram vun der Mëllech ze trennen. Déi ass erbäigesicht ginn an d'Mëllech ass all Dag zweemol gedréit ginn. D'Ram ass all Woch an engem Rompfaass zu Botter gemat ginn; mir hu keng Nout gelidden, awer alles ass ganz kompliziéiert ginn. Eis Mamm huet fir eise grousse Stot all Woch misste Brout baken, duerfir hate mir ëmmer Miel am Haus.

Déi Leit, déi di Méiglechkeet net haten, sinn ënnert Liewesgefor op Munneref bei de Bäcker gaangen an hu sech fir en etlech Deeg mat Brout agedeckt.

Méi wéi eng Kéier si Granate rondrëm d'Duerf ageschloen, keng 50 m vun den Haiser ewech. Zu 15 bis 20 Leit souze mir nuechtelaang an eisem Noper sengem Keller, deen dobäi och nach mat Gromperen a Rommelen hallef zougetässelt war. Wann dann an der Nuecht d'Granaten duerch d'Luucht gepaff hunn, huet jidderee gehofft a geziddert: „Nëmmen net an eise Keller!"

***Madeleine Wies-Bredimus vun Elleng, Joergank 1933***






Vill Bouwen hu sech fir Krichsfligeren interesséiert a ware stolz, déi eenzel Modellen ze kennen





**1944 ass d'Musel evakuéiert ginn. Fir Verschiddener war et déi zweete Kéier.**

# D'Preisen hunn alles matgeholl

Déi Zäit si mir Kanner nach an d'Musel schwamme gaangen. D'Schwämm woar do, wou elo d'Wisefester ofgehale ginn. E schmuele Pad duerch de „Gréin" huet dohinner geféiert.

Am Summer 1944, wéi mir an der Wiss an der Schwämm louchen, eis ze sonnen, geet op eemol d'Sireen: Fligeralarm, d'Amerikaner hunn d'Gare zu Nenneg attaquéiert. Alles aus dem Waasser, séier an d'Kleeder. Mir hunn eis Saachen zesumme geraf a fort.

Mat mengem Brudder sinn ech op Heem zougelaf. Wéi ech mech ëmdréien, woar dee Klenge verschwonn: ech hunn en net méi gesinn! Do kënnt en awer schonn aus dem Gruef gekrabbelt: e woar an e Lach bei der Flack gefall. Zesumme si mir weidergerannt, duerch „d'Piertchen", an heem. Eis Mamm stong virum Haus an huet opgeotemt. An elo séier an „d'Koupanz" an de Keller.

Déi Zäit hu mir vill Stonnen am Keller verbruet, och emol do geschlof. Mir woaren alt bis zu 20 Leit, zesumme mat den Noperen. Gekacht gouf oft beim Metzler vis-à-vis an der Schluechtkichen.

Wéi et zum Schluss gaang ass, sinn nuets d'Preise vun „där Säit" eriwwer komm an hunn d'Geschäfter geplënnert. Se hunn alles matgeholl, wat net ugewuess woar. Uewendriwwer souzen d'Leit an hunn ëm hiert Liewe gebaangt: Keen huet sech getraut, sech ze wieren.

Nomëttes tëschent hallwer 6 a 6 woar Feierpaus. Dann hate mir eng hallef Stonn, fir bei de Bur Drénkwaasser sichen ze goen, gewéinlech mat Mëllech-Bidongen. Et woar net fir ze trëntelen, Punkt 6 ass schonn nees geschoss ginn an d'Schrapnelle si geflunn. Méi wéi een ass vun engem Splitter getraff ginn. E jonke Mann ass esou verblout, well keen him hëllefe konnt.

D'Amerikaner si vu Bous erop komm, iwwer d'Kopp bis bei de Kierfech. Vun do aus hu se op d'Preise geschoss. Mir woaren tëschent de Fronten. Di schwanger Frae sinn evakuéiert ginn, meng Mamm woar och do derbäi.

Deen éischte Schwaarzen a mengem Liewen hunn ech gesinn, wéi en op engem Tank duerch d'Maachergaass gerullt ass: Wäiss Aen a wäiss Zänn an engem

schwaarze Gesiicht. Mat sengem schwéire Gefier huet en all Trapen an Terrassen ewech geméit, déi gehënnert hunn: fir d'éischt déi eng Säit an dunn déi aner, vum éischte Stack erof hu mir dat nogekuckt.

Et ass ëmmer méi geféierlech ginn. Den 23. September si mir all evakuéiert ginn. Op mengem Handweenchen hu mir dat Allernéidegst matgeholl: „Et ass nëmme fir e puer Deeg!" 6 Méint huet et gedauert, bis mir nees heem komm sinn.

*Mme M.W. vu Réimech, Joergank 1933*

De Ferdy Dumont kann sech nach ganz genee un den Amarsch vun den Amerikaner an der Stad erënneren.

## Die Amerikaner sind da

Am Donnerstag, dem 2. September, gab es gegen 11 Uhr Großalarm ohne den üblichen Voralarm. Zum ersten Mal wurde überhaupt keine Entwarnung gegeben und so wurden wir aus der Schule entlassen, vom Unterricht ohne offizielle Bekanntmachung fortan befreit!

Im Hammertälchen zogen, wie in den letzten Wochen üblich, versprengte Soldaten auf allen möglichen Vehikeln, meist Pferdewagen und -wäglein, PKWs, sogar Pariser Autobusse, voll beladen nach Osten: Rette sich wer kann. Wer ein Fahrrad unterwegs organisierte, war glücklich, nicht marschieren zu müssen. Jeder Wagen war mit Grünzeug getarnt und zeigte meist das Rotekreuzzeichen, zum vermeintlichen Schutz gegen Fliegerangriffe.

An der Eisenbahnlinie, unserem unersetzlichen Spielgelände, fanden wir des öfteren weggeworfene, rechteckige Brotwecken, das deutsche Kommissbrot, eigenartig widerlich schmeckend, aber unendlich lange haltbar. Wir sammelten es ein für die Kaninchen.

Das Gartenhaus unseres Nachbarn war Ende August von einer Funkeinheit belegt. Wir Buben suchten zu den Soldaten Kontakt; sehr zugänglich war ein besonders freundlicher Kerl aus Trier. Wir brachten ihm gerne Allerlei zum Essen, wie Kartoffeln und Zwetschgen, die wir mit ihm auf einer improvisierten Feuerstelle im Garten in seiner eigenen Pfanne zubereiteten; auch für Kohlen sorgten wir, die wir an der Eisenbahnlinie einzeln einsammelten. „Stehlen in der Not ist erlaubt!", meinte er treuherzig. Ein vorwitziger Blick von







D'Tilly Dumont-Steinborn moolt 1944 am Alter vun 13 Joer de Réckzuch „Heim ins Reich"

uns Buben ins geheimnisvolle Innere des Hauses wurde barsch von seinem Vorgesetzten, dem strengen Funker, untersagt. Wenn sich einmal ein größeres Manöver auf dem Hammer Gelände abspielte und die Soldaten hungrig und müde auf dem freien Felde ausruhten, suchten wir sie auf, waren stolz auf ein kleines Gespräch und brachten ihnen Zwetschgen aus unserm Garten, die freudig angenommen wurden. Es waren eben nur arme Menschen, die unser Mitgefühl hatten.

Samstagnachmittag, am 9. September, hatte ich den Auftrag, ein vollbeladenes Wägelchen mit Bilderrahmen für einen Kunden, Herrn Duffeau, stadtbekannt als Vertreter für Photoartikel, nach Neudorf zu bringen. Als ich den Eisenbahnviadukt in Clausen passierte, begegnete ich Flüchtenden, mit hochbepackten Leiterwägelchen.

Als ich meine Ware in Neudorf ablieferte, war man sehr um mich besorgt. Ich müsste unbedingt dableiben, wegen der bevorstehenden Sprengung der Eisenbahnbrücke. Nach langem

Warten, während dem ein Obstschnaps zum Mutmachen getrunken wurde, stürzten plötzlich mit Maschinenpistolen bewaffnete Offiziere in tadelloser Uniform aus einem offenen Militärfahrzeug und verschwanden in größter Eile im gegenüberliegenden Bistrot neben dem Mansfeldtor. War das nicht das sicherste Zeichen, dass die Sprengung eingeleitet war! Wir rannten die Kellertreppe hinab, zuletzt kollerte der gehbehinderte Herr des Hauses hintendrein. Niemandem war ein Leid geschehen, das erwartete Beben, mit Schall, Knall und Staub blieb aus! Falscher Alarm?!

Erst am Abend durfte ich auf Umwegen nach Hause, über den geschützten Waldweg des Tavillon über Fetschenhof, wo auf dem Felde neben der Trierer-Straße eine PAK (Panzerabwehrkanone) in Stellung gebracht war. Ich konnte mir nicht erklären, warum die Welt etwas wunderlich aussah; ich hatte zum ersten Mal mit scharfem Alkohol Bekanntschaft gemacht!

Ich ging mit erwartungsvollen, ängstlichen, jedoch auch zuversichtlichen Gefühlen am Vorabend der Befreiung zusammen mit meinen Brüdern zu Bett. In der folgenden Nacht gegen 1 Uhr wurden wir durch Pfeifen und Explosionen von Granaten scheinbar in nächster Nähe geweckt. Im Minutentakt fielen rundum Geschosse. Schließlich riefen uns die Eltern, um zusammen den doch einigermaßen sicheren Keller aufzusuchen. Das äußerst bedrohliche Sperrfeuer dauerte bis zum Morgengrauen. Unser Haus hatte zum Glück keinen Einschlag erhalten. Ich stellte mir lebhaft vor, welcher fremdartige Anblick die Umgebung bieten würde: kraterwübersäte Felder, Häuser in der Nachbarschaft mit klaffenden Löchern, zerfetzte Bäume. Nichts dergleichen, als wir die Nase aus dem Keller streckten. Eine unveränderte, friedliche Umgebung bot sich meinen Augen.




Schon bald aber sollte der Keller uns vor einem fürchterlichen Granatfeuer schützen, das mit nur wenigen regelmäßigen Zwischenpausen einsetzte. Im Keller wurde innig gebetet und gehofft, dass die als Zielscheibe geltenden Kriegsgeräte aus unserer Nachbarschaft verschwinden mögen.

Am sirrenden Pfeifton der Granaten konnte man bald abschätzen wie nahe die krachenden Einschläge waren oder ob der Schuss über uns hinweg flog. Fast im Sekundentakt krachte es fürchterlich. Regelmäßig wurden kurze Feuerpausen eingelegt. Dann schlich mein Vater vor die Kellertür um die Lage zu überschauen. Eine Feuerpause war allerdings zu kurz um oben in der Küche eine kleine Mahlzeit anzurichten. Nachmittags erreichte die Kanonade ihren Höhepunkt. Es hagelte nur so Granaten. Ein naher Einschlag im Garten ließ Fensterscheiben zu Bruch gehen, Splitter trafen die Hinterfassade. Aber seit Mittag waren zum Glück keine deutschen Soldaten mehr bei uns zu sehen.

Durch das enge, bewaldete Hämmerdällchen herauf wälzte sich langsam die Kriegsfront, ein unmittelbares Ringen zweier Gegner, unserer Befreier und deren Widersacher, verstrickt in ein wildes Nahgefecht. Akustisch konnte man gespannt Rückzug der Nachhut und Vormarsch der Angreifer verfolgen, die Schnittstelle von Freund und Feind genau ausmachen und die Verlagerung der Front von Pulvermühl herauf von Westen nach Osten erahnen.

Als die Schießfeuerwalze sich auf unserer Höhe befand, war kein Halten mehr. Der erlösende Ausruf meines Vaters: „D'Amerikaner sinn do!“ lockte sogleich die Nachbarsfamilie unserer Cousins aus dem Kellerunterstand. Alles rannte den Garten hinunter, von wo aus man Einsicht ins Tal auf die langsam fahrende Panzerkolonne der Befreier hatte. Mein Onkel war als Erster unten im Garten an der Böschung zur Eisenbahn und stieß aus voller Kehle, den Hut schwenkend, einen Freudenruf übers Tal: „Hibhibhurra!“ Ein unbändiger Gefühlsausbruch, ein lauter Schrei als Befreiung von langjähriger Knechtung, das Abschütteln eines Albtraumes von vierjähriger Unterdrückung. Dieser spontane Ausruf der Freude beeindruckte mich sehr.

Die amerikanischen Soldaten schauten schmunzelnd, Chewing Gum kauend von ihren Panzerausstiegluken herab, andere standen ernst dreinschauend hinter schutzgebenden Tannenstämmen in schussbereiter Stellung. Auf jedem Militärgefährt war eine orange-rote Plane befestigt, um sich der überlegenen US-Luftstreitmacht als Freund sichtbar zu machen. Die unmilitärisch wirkenden khakifarbenen Uniformen waren ein neuartiger, ungewohnter Anblick. Lässigweite Kleidung mit unauffälligen, weiten Taschen anstatt einem strammanliegenden, schneidigen grünen Waffenrock mit farbigem Spiegelkragen, Schulterklappen und aufgenähten Taschen; ein gewebter, sandfarbener, universal verwendbarer Gürtel aus Textil, anstatt eines ledernen Koppels und lederner Patronentaschen mit dekorativer Schnalle „Gott mit uns“; braune, gummibesohlte Schnürsenkelschuhe und Textilgamaschen, anstatt schwarzer Lederstiefel; melonenförmige, übergroße, runde Schutzhelme, anstatt zackiger Stahlhelme. Amerikanisches gegen Preußisches, welch großer Kontrast! Der weiße Stern, das neue Hoheitszeichen, auf jedem Panzer und Gefährt auf der Motorhaube, hatte das verhasste Hakenkreuz abgelöst.

Um halb sieben Uhr läutete die Glocke zum feierlichen Danksagungshochamt zur Befreiung in Hamm. Wir Messdiener zogen die Glockenseile mit solcher Kraft, dass mir Angst um die Stabilität des erzitternden Turmes wurde, der in leichte Schwingung zu geraten schien. Noch während der Messe, wo zum ersten Mal der Pfarrer Jaques Schmit in Luxemburger Sprache predigte, pfiffen die Granaten vom Geesseknäppchen nach Sandweiler hinüber. Ein Panzergefecht auf Kalchesbrück, der Rückzug deutscher Panzer in Richtung Sandweiler/Birelergrund und die Vermutung, dass deutsche Soldaten in der Ortschaft dem Vormarsch Widerstand leisten wollten, bewogen die Amerikaner einen heftigen Fliegerbombenangriff mit anschließendem Artilleriebeschuss einzuleiten, der größere Zerstörungen und Brände zur Folge hatte. Am Abend standen noch Rauchwolken über Sandweiler. Indessen waren wir auf der Seite der Geretteten, vergessen die bedrückende Vergangenheit, das schreckliche Frontgeschehen, die beklemmende Überlebungsangst. Wie auf wunderbare Weise glücklich versetzt in eine neue, strahlende, radikal veränderte Welt. Alles hatte sich gottlob schlagartig zum Guten gewendet.

Auf dem Heimweg begegneten wir im Hämmerdällchen nur einem einzelnen Jeep; zwei Soldaten luden uns ein, ihre Abendration mit uns zu teilen. Aus einer großen Konservenbüchse gab es auf kreideweißem Maisbrot einen Aufstrich, der himmlisch mundete. Wahrlich, es schien mir, dass von nun an für uns das Schlaraffenland eingeläutet sei.

***Ferdy Dumont vun Elleng, Joergank 1932, erzielt vu senger Kandheet zu Hamm***







D'Amerikaner sinn do!
Eischt US-Sherman Panzer
am Hämmerdällchen



Hannendru komme Jeepe mat Maschinnegewier



US-Camp um Laangefeld, den 11. September 1944



Hämmer Kanner zesumme mat den GIs

**Déi amerikanesch Zaldote sinn als Helden empfaange ginn an d'Kanner ware begeeschtert, wann se Schockela oder Knätsch kruten. Et konnt awer och zu ganz brenzlege Situatioune kommen.**

# D'amerikanesch Zaldoten: gudder a schlechter

E Bild dat ech net vergiesse kann: Déi éischt Kompanie Amerikaner, déi an d'Duerf koumen, op all Säit vun der Strooss eng Rei, op zwéi Meter Ofstand, en iwwerschwéiere Rucksak um Réck, de Patrounegurt un, hiert Gewier an der Hand, méid vum Marsch a méid vum Krich, dee si scho méintelaang erdroen haten. Si goufen an den Haiser privat aquartéiert, eis Stuff sollt mat sechs Mann beluet ginn. No enger Woch, wou si bei eis logéiert waren, si si weider virgeréckelt an an eis Stuff sinn nei Zaldote komm.

Déi Lëtzebuerger Leit hunn deemools alles fir hir Befreier gemat: Téi fir se gekacht, Taart gebak oder emol eppes Extraes gekacht oder sech mat anere Saachen dankbar erwisen, wéi z.B. hir Kleeder gewäsch a gedréchent. Zu deem Zweck huet eis Mamm an eisem Bakhaischen de Bakuewen ugefaangen. Si huet Ficellë gespaant, den Zaldoten hir gewäsche Kleeder opgehaangen an an enger Nuecht ware se dann dréchen.

Eng Kéier hate mir Kanonéier. Déi haten hir schwéier Kanoun just hannert dem Noper sengem Bongert stoen. Et ass virkomm, dass déi nuets geschoss hunn, dann ass all Mënsch bal aus dem Bett gefall.

Wann d'Zaldoten hiert Logement gewiesselt hunn, war et ëmmer esou, dass an der Stuff Schockela oder Knätschgummi fir eis Kanner leiebliwwen ass. Doriwwer hu mir eis natierlech riseg gefreet. Dat hu mir de ganze Krich iwwer net kréit.

Ech ka mech och nach gutt un e klenge brongen Zaldot erënneren. Hie war aus Puerto Rico. Him war et ëmmer kal, zemools wann hie vum Wuechtstoen am Schnéi koum. Hie koum da bei eis Tatta Léini an d'Kichen, wou et ëmmer gutt waarm war. Si huet him eng Taass Kaffi gemat an e bëssche Gespréich gehalen. Hie konnt nämlech e bëssche franséisch. Eis Tatta war eng beliesen, frëndlech Persoun, déi hien alles iwwert seng Heemecht ausgefrot huet. Dann huet de Jong iwwert säi ganzt Gesiicht gestraalt, wann hien iwwert säi sonnegt, waarmt Puerto Rico konnt erzielen. Um Enn vu sengem Openthalt zu Ellengen, konnt de Jong aus Südamerika besser franséisch an eis Tatta Léini e puer Brocken englesch.

Um Bad, am Hotel Palace, hat déi amerikanesch Arméi preisesch Krichsverbriecher ënnerbruecht, de Göring an all seng Kumpanen. Aus där Ursaach waren zu Munneref och nach am Februar-Mäerz 1945 eng Rei Zaldote stationéiert. Déi sinn zur Ofwiesslung och emol sonndes op Ellengen komm. An eiser direkter Noperschaft war eng Wiertschaft mat Keelebunn, do hu si sech dann hir Langweil verdriwwen.

Op engem Sonndegnomëtteg, et war schéi Wieder, eise Monni Batt war op Besuch mat senger Fra, der Tatta Anna. Eis ganz Familljе souz zesumme virum Haus, war gudder Déng an huet di waarm Sonn genoss. D'Strooss erof koumen dräi amerikanesch Offizéier, ganz lässeg, hu frëndlech gegréisst a si bei de Wiert gaangen, eng Parti Keele maachen.

Vläicht eng Véirelstonn duerno koum nees en eenzelnen Zaldot, hien hat säi Gewier bei sech, huet och gegréisst an ass awer stoe bliwwen. Hie koum e puer Schréck op eis zou, huet säi Gewier vun der Schëller geholl a mam Laf vum Gewier gewisen, mir sollten an d'Haus goen. An der Stuff huet hie mat Gesten ugedeit, mir missten eis all an eng Rei setzen. Dat waren eis Elteren, mir dräi Kanner, eis Tatta Léini, de Monni an



D'Freed war grouss



En amerikanesche Panzer am Eecherbierg

d'Tatta Anna an eis Grousstatta, also am Ganzen néng Persounen.

D'Tatta Anna huet him eng Taass Kaffi ugebueden oder en Téi oder e Stéck Taart, awer d'Äntwert war ëmmer „No". En huet säi Gewier entséchert an op jidderee geriicht. Ëmmer hat hien de Fanger um Ofzuch a säi Gesiicht war kal an onbeweeglech. D'Tatta Anna war eng courageiert Fra an huet hien ëmmer erëm ugeriet, awer seng Gestë blouwen di selwecht. Hien huet keen opstoen oder aus dem Zëmmer goe gelooss.

Esouguer mir, als Kand vun eelef Joer, war déi brenzlech Situatioun bewosst. Dobäi hunn ech héieren, dass de Monni Batt zu eisem Papp gesot huet: „Ech huelen e mam Hals a werfen en eraus." Eise Papp huet geäntwert: „Maach et net, deen do schéisst!"

Well meng Nerven déi ganz Lag net méi verkraaft hunn, fänken ech fuerchtbar u mat kräischen. D'Tatta Anna, déi niewent mir souz, huet mech an den Aarm geholl an dem Zaldot versicht kloer ze maachen, ech wär krank a misst bei den Dokter. No e bësschen Nodenken huet hien si mat mir aus dem Zëmmer gelooss, awer soss keen.

D'Tatta ass an d'Wiertschaft gerannt, bei déi Zaldoten, déi sech do wollten e schéine Mëtteg maachen, an huet hinnen déi Geiselnahm erklärt. Déi hirersäits wollten dat am Ufank guer net gleewen, sinn awer du matkomm. Lues, wéi een et nëmme bei der Arméi léiert, sinn der zwéin an d'Haus komm. Deen drëtte stoung dobausse bei der Fënster, onsichtbar fir déi dobannen, allen dräi mat hirer Waff an der Hand. Si hunn sech e Passwuert zougeruff an am selwechte Moment d'Zëmmerdier agerannt. Den Zaldot, komplett iwwerrascht, gouf iwwerwältegt, entwaffnet, huet d'Hänn zesummegebonne kritt an ass mat op Munneref geholl ginn.

***Madeleine Wies-Bredimus vun Elleng, Joergank 1933***





**D'Éisleker Kanner hunn de Krich während der Rundstedt-Offensive vu ganz no erlieft.**

# Mat Vëlo a Wallis an d'Evakuatioun

Kuerz viru Chrëschtdag 1944 ass d'Rundstedt-Offensive ugaang. Mir si vun Ettelbréck, wou déi éischt Granaten ageschloe waren, mat onse Vëloen a mat enger Wallis Richtung Méchela geflücht. Do sollte mir bei engem Bauer, dee mäi Papp kannt huet, fir e puer Deeg ënnerdaach kommen. Awer do war schonn alles besat mat Leit aus där Géigend. Mir sinn du weider mat onsem Gepäck op Wahl bei d'Famill gefuer, déi ons och spontan opgeholl huet.

Mir waren do während ongeféier 6 Méint an hunn d'Rundstedt-Offensive vu ganz no erlieft. Ech sinn och déi Zäit zu Wahl an d'Schoul gaang, wou ech nei Komerode fonnt hunn.

An onser Fräizäit hu mir Kanner, esou gutt wéi mer konnten, onsem Monni um Haff an am Stall gehollef.

E puer Deeg no Chrëschtdag hu mir op eemol e puer Zaldote gesinn iwwert d'Feld op d'Haus zoukommen. Si sinn an den Haff erakomm, hir Gewierer viru sech, prett fir all Moment ze schéissen. Meng Tatta, déi se fir d'éischt gesinn hat, huet ons gewarnt, jo nëmmen net erauszegoen. Mir konnte jo net sécher sinn, ob et wierklech Amerikaner waren. Et ass gesot ginn, datt et och virkomm ass, datt preisesch Zaldoten d'Uniforme vun doudegen Amerikaner ugedoen hunn, fir sech ze tarnen. Deen éischten huet e Pak Zigaretten aus der Täsch gezunn an huet an där typescher Art a Weis vun den Amerikaner eng Zigarett mat engem Fanger erausgedikst an an de Mond gestach. Du ware mir sécher, wie mer virun eis haten. No laangem hin an hier hat ee vun hinnen et färdeg bruecht, sech mat der Famill ze verstännegen.

Am Schapp virum Haus war eng Kichen an och Schlofgeleeënheeten an do hunn se sech direkt zu 7 oder 8 Mann aquartéiert. Uewen an der Scheier hunn der och geschlof. Déi vun der Kichen hunn ofwiesselnd d'Iesse bei hir Komeroden un d'Front gefouert. Duerfir ware si och ni all mateneen do, fir ze schlofen.

Mir hunn oft nuets net geschlof an dem Knuppe vun de Kanounen an den Aschléi vun de Granaten nogelauschtert. Mir Bouwen haten ons no kuerzer Zäit mat deem engen oder anere vun den Zaldoten ugefrënnt. Awer an der Kiche virum Haus waren e puer Offizéier an do hu mir ons net däerfte weisen.

Wa mueres ons „Frënn“ fortgefuer sinn, hate mer ëmmer Angscht, datt se owends net méi all géifen erëmkommen. Mir hate jo gesinn, datt d’Baatsche vun hire Camionen owends voller Lächer vun de Kugele waren.

Ons Tatta hat amerikanesch Anoraken, déi si geschenkt kritt hat (et war net schwéier ze roden, datt déi vun Zaldote waren, déi net méi erëmkomm waren, awer d’Kleeder ware rar), op ons Mooss ëmgeännert an och grouss Täschen dropgebitzt, wou mir ons Cadeauen, wéi Knätschgummi, Schockela an Orangen, konnten dra verstauen. An onsem Schlofzëmmer, dat ech mat mengem Cousin Lucien gedeelt hunn, stong e grousse Schaf fir ons zwee. Do huet et no e puer Méint ausgesi wéi an enger Epicerie. Nieft de Séissegkeete stongen do och Béchse mat Corned Beef, agemaachtent Uebst a Gebeess.

E puer vun „onsen“ Amerikaner haten och hir Spëtznimm: ee vun hinne war de „Baby-Doctor“. Hie war wierklech e richtegen Dokter, awer hie war nëmmen 1,60 m grouss. Deen anere war de „Coffee Smith“, well en esou gär an esou vill Kaffi gedronk huet.

Enges Daags, wéi mer an der Wiss hannert dem Haus gespillt hunn, si mir duerch Motorgeräischer opmierksam ginn. Du hu mer gesinn, datt hannert enger Heck zwee kleng preisesch „Spähpanzer“ ugeréckt waren. Mir sinn an den Haff zréckgerannt, fir d’Amerikaner ze warnen. Et sinn och direkt zwee Mann kucke gaang. Si waren awer net virsichteg genuch a kuerz drop haten d’Preisen een dervun erschoss.

***Paul Wallers vu Fenteng, Joergank 1933, an der Evakuatioun zu Wahl***




De Paul Wallers huet dëst Bichelche mat Fotoen vum däitsche Réckzuch bis haut gutt versuergt





Och op der Musel goufe vill Leit am Wanter 1944-45 nach eng Kéier evakuéiert. Beim Heemkomme waren si schockéiert iwwer den Zoustand vun hiren Haiser

## D’Grand-mère hat d’Haus voll

Een Dag an der Evakuatioun zu Pëttleng, ech si mat mengem Brudder aus der Schoul komm, du woaren do zwéi Bouwen an eisem Alter, eis Kosenge Guy a Jean-Jacques. Hir Eltere woare vun de Preisen deportéiert ginn, op Leubus. Duerch e glécklechen Zoufall woaren déi zwéin net doheem, wéi d’Mamm, de Papp an hir zwéin eelst Bridder ofgeholl goufen. Lo hat d’Grand-mère d’Haus voll bis ënnert den Daach.

Mir Kanner hunn eis ameséiert an hu méi wéi eng gestëbst.

Et gouf Wanter an et hat geschneit. Mäi Papp, dee bei engem Schräiner geschafft huet, koum mat engem Schlitt fir eis. Duerno koum Niklosdag an e richtege Kleeschen. D’Bouwen hu getuschelt: „’t ass den Dimitri.“

Den Dimitri war e Pollak, e Krichsgefaangenen, dee bei eis als Kniet geschafft huet. Owes huet e mussen an d’Duerf schlofe goen, wou e mat anere Polen aquartéiert woar.

Net laang duerno koumen d’Amerikaner, Wäisser a Schwaarzer. Et woaren der zimlech vill, se hate sech mat hire Feldbetter um eidele Fruuchtspäicher aquartéiert an hir Feldkichen am Kuelendepôt opgerit. Eis Kanner hu se mat Schockela, Cakes a Knätsch, déi mir bis dohin net kannt hunn, verwinnt. Ee vun de Bouwen ass souguer mat engem Pak Zigarette komm. Mir hu Fixfeier organiséiert a sinn an d’Gewan fëmme gaang! „Wat hunn dann d’Kanner?“ Mir woaren alle véier bleech an et woar eis schlecht. Mäi Brudder hat de Pak Camel nach an der Täsch: d’Rätsel woar geléist, de Fall gekläert!

Am Fréijoer ass den Dimitri zréck a Pole gaang a mir konnten och nees heemgoen. Fir d’éischt sinn eis Eltere kucke gaang, wéi et géng do ausgesinn. „Wéi ech eist Haus gesinn hunn, hunn ech gekrasch“, huet meng Mamm duerno verzielt. „’t woar alles verkomm, Splitter an der Fassad a Lächer, en Treffer viraus an een hannenaus, an iwwerall Stëbs an Dreck.“

Mir hunn et dunn och gesinn: Lächer an de Stroossen, iwwerall virun den Haiser Kéip Schutt, futtis Saachen, all méiglech Raschteges a Verbéites.

„Paakt näischt dohiren un“, hu mir gesot kritt. Mat Recht: um Nopeschduerf hate véier Bouwen an enger Scheier eng Handgranat fonnt. Ee vun hinnen ass beim Hantéieren ëm d’Liewe komm, zwéi blesséiert, de véierten hat sech mat Zäit ewechgemaach.

D’Kéip an de Stroosse si verschwonn, et ass geraumt a gebotzt an d’Lächer si gefléckt ginn. De Bäcker huet Brout gebak. D’Geschäfter hunn opgemat a mir sinn nees an d’Schoul gaang. Donneschdesmëttes ass de Geméiscamion komm, mir Kanner sinn hannendru gelaf: haut ginn et Orangen!

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938, an der Evakuatioun zu Pëttleng (F)***

Geféierlech Situatioune goufen et och nach zum Schluss vum Krich.

# Granatenbeschuss

Eines Tages im März 1945 schwänzte ich die Schule, mit der Begründung, dass an diesem Morgen wieder der sporadische Granatenbeschuss eingesetzt hatte. Ich verweilte im Garten mit meinem Cousin Erny bei unserem mit Karton aus zerlegten Armeekisten errichteten Häuschen. Gegen Mittag gab es eine überlaute Explosion in allernächster Nähe. „Das war aber knapp!“ meinte ich, als gleich ein schlurfendes Geräusch „schrru, schrru“ zu vernehmen war; im nächsten Augenblick schlug etwas neben meinem Cousin in die lockere Gartenerde ein. Gleich buddelten wir einen dampfend heißen Granatsplitter aus. Es sah aus wie die Splitter, die ich jedes Mal hinter den Granattrichtern gefunden hatte.

Mein Cousin erbleichte, als er sich der überstandenen Gefahr bewusst wurde; er rannte Hals über Kopf nach Hause.

Wenn wir schon in solcher Gefahr schwebten, diktierte mir ein Reflex, die Metallkiste voll scharfer Gewehr- und Bordwaffenmunition, die im Häuschen lagerte, in Sicherheit zu bringen. Denn ich erinnerte mich an die Feuersbrunst des Kartonhäuschens im Garten unserer Cousins, ein Vorfall, der glücklicherweise glimpflich ausgegangen war. Man hatte für kurze Zeit die Feuerstelle, wo Wasser zum Bereiten von US-Nescafé aufstand, unbeaufsichtigt gelassen. Bald stand die Bude lichterloh, mit fürchterlichem Knallen explodierender Patronen, die dort in Munitionsmetallkisten lagerten, in Brand. Ihr Vater hatte umsonst versucht, mit Eimern voll Wasser den gefährlichen Ort zu neutralisieren.

Ich schleppte die schwere Kiste in die Werkstatt; aber o weh, ein Kupferdraht an der Kiste verhedderte sich unterwegs mit dem Haken am Drahtende in meinem Bein und blieb in der Wadenhaut stecken. In der Werkstatt erwischte ich eine Kneifzange und schnitt den Draht an der Kiste ab. Nur so konnte ich mich beherzt vom Haken befreien. Noch heute ist eine Narbe davon geblieben.

***Ferdy Dumont vun Elleng, Joergank 1932, erzielt vu senger Kandheet zu Hamm***

Zu Hamm gouf den Zaldotekierfech ugeluecht an d'Jongen aus der Géigend wollten sech dat natierlech net entgoe loossen.

# Der amerikanische Militärfriedhof

An einem Sonntagmorgen im Januar 1945, radelte ich zu früher Stunde, es dunkelte noch, nach Schaedhof, um eine Flasche Milch zu hamstern, bevor die Milchkannen vom Molkereiauto abgeholt wurden. Vollmilch, unentrahmt, vom Bauer war ein wertvolles Produkt für eine sechsköpfige Familie.

Auf Schaedhof wirtschaftete ein Pächter polnischer Herkunft namens Witkowski. Als ich an jenem Morgen ankam, erzählte er seiner Frau, dass eine amerikanische Delegation auf dem Flurdreieck zwischen Flëppekräizbierg, Eisenbahnlinie und Horbach gewesen sei, weil dort ein Soldatenfriedhof vorgesehen sei. Eine wichtige Entscheidung, die den Bauern sehr betroffen machte, eine Mitteilung, die ihm zu groben Flüchen Anlass gab. Es war seine Art, bei jeder passenden und unpassenden Gelegenheit fürchterlich zu fluchen. So erfuhr er, dass er sein bestes Ackerstück verlor.

Bald wurde das Landstück und ein Waldteil teilweise mit Planen eingezäunt, die aber nicht vor vorwitzigen Bubenblicken schützen konnten. In den nächsten Monaten herrschte reger Lastwagenbetrieb durch das große Holztor. Wenn wir Holz im Schaedbësch sammelten, bemerkten wir einen süßen, ekeligen Geruch. Rauch deutete auf Verbrennung von Unbestimmbarem hin. Bemerkenswert war der rege Verkehrsbetrieb am oberen Ende des Flëppekräizbiergs, wo durch das große Holztor

mit dem großen, weißen Schild: „US-Cemetery“ andauernd GMC-Lastwagen ein- und ausfuhren.

Während längerer Zeit stationierten nachts immer in Hamm GMC-Militärlastwagen, die ein offenes Geheimnis verbargen: es waren Leichentransporte vom Kriegsschauplatz der mörderischen Ardennenoffensive. Die Hammer Bevölkerung wurde so in diesen makaberen Reigen unversehens eingebunden.

***Ferdy Dumont vun Elleng, Joergank 1932, erzielt vu senger Kandheet zu Hamm***



D’Entrée vum amerikanesche Militärkierfech zu Hamm, 1945



Déi éischt Gedenkfeier vun den Hämmer Leit, Passiounssonndeg 1945: an der Mëtt, de Colonel Davis, de Responsable fir de Militärkierfech





Nach ganz kleng, an der Kannerkutsch, huet d’Mariette Leuck de Krich erlieft

**Dräi Krichsepisode sinn dem Mariette Leuck besonnesch an Erënnerung bliwwen, virun allem awer de Kaffi, deen si vun den amerikaneschen Zaldoten zervéiert krut.**

# Als das Kind den Mond haben wollte

Eine Kriegsbegebenheit muss meine Mutter in Angst und Schrecken versetzt haben. Sie fuhr mit mir im Kinderwagen spazieren. Ich konnte allerdings schon aufrecht stehen und nahm die Welt um mich herum wahr. Wir begegneten nun einem deutschen Offizier – einem baumlangen Kerl in Gala-Uniform, der auf steifen Beinen daherstelzte, eine Art Federschweif auf dem Kopf trug und einen Schleppsäbel nachschleifte, der bei jedem Schritt auf dem Pflaster aufschlug. Ich zog mich hoch, hielt mich an der Seite des Kinderwagens fest und zeigte mit der anderen Hand auf den Offizier und kreischte: „Oh, do, oh, doo!!“ Mutter sagte: „Was hätte da passieren können! Diese Kerle waren unberechenbar. Ich rannte so schnell ich konnte.“ Doch es geschah nichts. Der Offizier grüßte und stelzte seines Weges. Mutter aber erinnerte sich ihr ganzes Leben lang an ihn.

* * *

In meinen ersten eigenen Kindheitserinnerungen tauchen amerikanische Soldaten auf. Sie erholten sich für einige Tage in der Schule. Sie hießen Bob, Mike und Freddy. Am stärksten aber beeindruckte mich ein Schwarzer. Ich erinnere mich, dass er in der Küche an der Wand neben dem Herd lehnte, die Hände über dem Feuer wärmte und versuchte freundlich mit mir zu sprechen.

Dann, eines Tages hielt ein eigenartiges Gefährt im Schulhof. Später erfuhr ich, es sei eine Feldküche gewesen, denn die Soldaten kochten Kaffee und buken Fast-

nachtsbrote. Sie riefen die Dorfleute herbei und schenkten aus: pechschwarzen Kaffee in riesigen weißen Email-Bechern und dazu Gebäck, das von Fett nur so triefte. Natürlich erhielt auch ich, als das „Baby", einen vollen Becher Kaffee und Plätzchen. Der Kaffee war etwas bitter, aber – man erzählte mir später, ich hätte den ganzen Becher geleert und ihn heftig verteidigt, als meine Großeltern ihn sicherstellen wollten. Das Resultat der Feldküchenaktion ließ allerdings nicht lange auf sich warten. Gegen Abend, als der Mond aufging, lief ich kreischend und plärrend im Garten auf und ab und wollte unbedingt den Mond haben. Hieran kann ich mich aber sehr gut erinnern. Wegen der Anwesenheit der „Jungen" verzichtete Großmutter erst auf ihre Erziehungsmaßnahmen. Doch alles gute Zureden half nichts. Auf einmal meinte Bob, in Texas würde man solchen Kindern den Hosenboden stramm ziehen und den „Mond" kräftig massieren, was Großmutter dann auch besorgte.

Als ich am Morgen erwachte, war die Feldküche fortgezogen und der Mond verschwunden.

Der weiße Becher aber stand noch da. Er hatte oben einen hellblauen Rand und diente mir lange Zeit zum Spielen im Sand. Dabei wurde ich oft daran erinnert, wie es damals war, als das Kind den Mond haben wollte.

* * *

An die „Liberatioun" erinnere ich mich wie durch Nebelschwaden. Da stand eine Riesenfahne in Blascheid im Schulhof. Die Dorfleute hatten sich unter dem großen Nussbaum versammelt und besahen den amerikanischen Tank, auf dem Soldaten mit Helmen und schweren Schuhen saßen. Meine Eltern waren da, und ein junges Mädchen, das Astrid hieß, hielt mich auf dem Arm. Ganz deutlich aber weiß ich noch, dass mein Vater richtig mit den Amerikanern sprechen konnte. Irgendwie beeindruckte mich das und ließ mich weitere Horizonte ahnen, auch nebelhaft, in weiter Ferne.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, erzielt vun hirer Kandheet zu Märel an zu Blaaschent***







Déi gefalen Zaldote sinn net vergiess ginn

**Och wéi de Krich schonns eng Zäitchen eriwwer war, konnt et virkommen, datt een op eenzock rëm drun erënnert ginn ass.**

# Den Häppy a seng grujelig Entdeckung

Wann d'Irène, de Fernand an ech mat eise Mammen an d'Beer gungen, ass dem Fernand säi Mupp, den Häppy, och matgaangen. Mir gungen d'Salzbaach dorobber an d'Gehälach, eng Dellt, déi op de Schumann erop féiert, wou e paor Jor virdraon eng von de meerderischste Schlaochte vaon der „Rundstedt" geschloe gouf. Esou hott et och do ausgesinn. Amerikanisch „Foxholes" zu Noutem zou a preisisch Bunkeren an d'Salzbaach eraof.

Den Häppy hat d'Gewaonicht, ënnerwee e méiglichst lange Klëppel tëschent d'Zänn ze holen an e mat viraon ze schlääfen. Wann en dann op béid Säiten aon de Bäm hänke blouf an nik méi virao koum, stung en do wéi den Ochs beim Beerig. Ma hëllefen hott en sich och nik gelooss, jiddefalls nik vao mir. Dat hott just de Fernand sich koonten erlaben.

Apart déif ass engt Erleefnis aus dem Gehälach bei mir sëtze bliwwen: D'Amerikaner haten hir gefalle Komeroden no den aorigen Dezember- a Januarwochen 1944-45 zesaomegeraaft, fir se op den Zaldotekierfent vao Recogne bei Baastnach ze begraowen. Si haten an engems och d'Läiche vaon de Wehrmachtszaldoten agesammelt an si an engem Massegraf bei der Weegafel Wooltz-Rullje begraowen. Déi Plaz häscht nach hakt „beim Massegraf", obschonns och dës Zaldoten – eréischt 1954 – op den däitschen Zaldotekierfent op Sandweiler ëmgebett goufen.

Abee, wéi mir Kanner, et misst 1946 oder spéitstens 1947 geweest sënn, mat eise Mammen den Hiwwel erop op der Sich no Hambeer waren, huet den Häppy ugefangen ze billen. Mir se sengem Gebills nogangen an honn op eemol zwéi Schung gesinn, déi aus dem Gestraich erop gekuckt honn. Wéi mer méi no derbäi kucke gungen, ho mer gesinn, datt nach d'Bän vaon engem Meensch an Uniform aus dem Bodem erausgestan honn: e preisischen Zaldot, deen seng Komeroden nik méi an den déif gefrorene Boden begraowe koonten, an dee bis elo nach nik erëmfoont gi war. D'Mamm hott mich séier mat fort gezungen.

Deen Daag ware mer manner happy, wéi mer mat eisem Mupp a mat eisen Ämercher de Peedche bei der Ideal erop op heem lass gedréckt sënn.

***Joss Scheer vu Wooltz, Joergank 1939***

# Index vun den Erzieler


***Bonenberger Simone, Réimech***

Sonndeg S. 00
Bréng mir eng Taass S. 00
De Putsch S. 00
An der Umooss S. 00
Keng Zopp, kee Pankech S. 00
Héichwaasser zu Réimech am Dezember 1947 S. 00
En Zockerféngerchen S. 00
Wat mäi Papp mech huet geléiert S. 00
D'Schifertafel woar dat wichtegst Stéck S. 00
Schoul-Paus S. 00
Eleng S. 00
Spiichte mat der Schell S. 00
Den éischte Schnéi S. 00
Pappa, zeechen eis eng Millchen S. 00
Meng Popp war ëmmer derbäi S. 00
An der Réimecher Schwämm S. 00
De Jang de Blanne kënnt heem S. 00
Den éischten Nationalfeierdag no der Liberatioun S. 00
Kuckt séier, do leeft den Ouschterhues! S. 00
Rousen a Lilien S. 00
Umbenannt S. 00
De Robert S. 00
Angscht a Mësstrauen S. 00
Liewensmëttelkoarten S. 00
Deen ass iwwer d'Bréck S. 00
D'Grand-mère hat d'Haus voll S. 00
*opgeschriwwe vun hir selwer*

***Collart Nicole, Bridel***

Poppe géint Iesswueren S. 00
Mir waren dacks am Keller S. 00
D'Sonndeger mat der Famill S. 00
Vum Pätter krut ech e Goldstéck S. 00
*opgeschriwwe vum Marie-Louise Wallers-Rykal*

*Dumont Ferdy, Hamm*
Das Lächeln Abrahams S. 00
Spiller um Schoulwee S. 00
Der Hämmer Pull S. 00
Pulvergeschichten S. 00
Spiele beim Kuhhüten S. 00
Ferien auf dem Bauernhof S. 00
Déi Hämmer Jonge gi liichten S. 00
Ein ehrenvoller Auftrag S. 00
Der 10. Mai S. 00
Beim Holzsammeln S. 00
Die Amerikaner sind da S. 00
Granatenbeschuss S. 00
Der amerikanische Militärfriedhof S. 00
*opgeschriwwe vun him selwer*

*Eyschen-Wagener Huguette, Ettelbréck*
D'Schillerlocken S. 00
Kanéngercher S. 00
Mir waren zu 11 um Dësch S. 00
Hamsteren S. 00
E richtege Genoss S. 00
Den Taff S. 00
Eisen éischten Auto nom Krich S. 00
Ech war kee Kand fir bei d'Schwësteren S. 00
Aarbecht a Spill S. 00
*opgeschriwwe vun hir selwer*

*Gitzinger Christine, Réimech*
Alarm, Alarm S. 00
*Gemeinschaftsdichtung Hauptschule Remich 1942/43*

*Hansen-Rhein Andrée, Réimech*
Speck a Gromperekuch S. 00
Am Kréich ass alles anescht ginn S. 00
An der Schmëdd S. 00
Mir hate schéi Spillsaachen S. 00
Eise Koseng woar Massendénger S. 00
Dem Koseng Ed säi Pifffaass S. 00
Een hëlze Leeder fir op d'Bréck S. 00
Huet eise Jangeli um Scheierbierg gepaff … S. 00
D'Muttergottes vu Fatima S. 00
Vu Réimech an d'Oktav S. 00
„Wat geschéit elo?", hunn ech gefrot S. 00
E Fändel fir den Hitler S. 00
*opgeschriwwe vun hir selwer*

*Jung-Wolfers Nicole, Dikrech*
Ech hunn d'Botze gehaasst S. 00
Rack a Bolero S. 00
An der Stad an zu Dikrech S. 00
Eis Spiller a Spillsaachen S. 00
Zu Diddeleng um Bäckeschtour S. 00
De Cortège S. 00
Mir wäre gär op de Mäertche gaangen S. 00
Da si sëlwer Sträife vum Himmel gefall S. 00
*opgeschriwwe vum Marie-Louise Wallers-Rykal*

*Koch Maria, Briedemes*
Mir hu gemat, wat mir ugestallt gi sinn S. 00
*Koch Maria, Briedemes*

*Lang Monique, Hesper*
D'Versuergung am Krich S. 00
*opgeschriwwe vum Simone Rosen-Bonenberger*

*Leuck Mariette, Eeseber*
Schlechte Laune gab es bei uns nicht S. 00
Hei ass Radio Lëtzebuerg … S. 00
Herr Storch S. 00
Die Zeitung, das Sonnesblad und Sirius S. 00
Die Dorfschule S. 00
Tintenfass, Löschblatt, Schönschreibheft S. 00
Fischtran und Milch zum Pausenbrot S. 00
Konzertation S. 00
Der Schulausflug S. 00
Heini S. 00
Ein Schlafsack für die Zwergenkinder S. 00
Ich habe noch nicht zum heiligen Sternberg gebetet S. 00
Winterfeste S. 00
De Roude Léiw S. 00
Die österliche Zeit S. 00
Kommunion in Merl S. 00
Dann läuteten die Glocken zu Hauf S. 00
Als das Kind den Mond haben wollte S. 00
*opgeschriwwe vun hir selwer*

*Pletschette Theo, Ettelbréck*
Eisen éischte Radio S. 00
Ech hu mech ëm d'Holz gekëmmert S. 00
Dat mat der Hygiene war esou eng Saach S. 00
Et gouf net dacks eppes Neies S. 00
D'Iesswueren S. 00
Eng Schoulwoch vu 6 Deeg S. 00
Eis Regelen hu mir selwer gemaach S. 00
Grad esou wéi am Film S. 00
Ech war Massendénger S. 00
Am Houseker sengem däischtere Sak S. 00
Déi gutt Glace S. 00
Kiermes an Hochzäit S. 00
't huet fuerchtbar geknuppt an dat all Nuecht S. 00
*opgeschriwwe vum Marie-Louise Wallers-Rykal*

*Rosen Marc, Réimech*
D'Klibberjongen S. 00
*opgeschriwwe vum Simone Rosen-Bonenberger*

*Scheer-Holtz Marianne, Wooltz*
Engt klengt houfrigt Meedchen S. 00
*opgeschriwwe vum Joss Scheer*

*Scheer Joss, Wooltz*
De Martini S. 00
Mir ginn an d'Beer S. 00
Boxeknäpp op däischtere Weeër S. 00
Meng Lä ënnert der Bänk S. 00
Jick a Jick ass zwäerlä S. 00
Kauzekäpp S. 00
Dat schwéierst waren d'Gebeeder S. 00
Den Häppy a seng grujelig Entdeckung S. 00
*opgeschriwwe vun him selwer*

*Schengen Marie-Thérèse, Réimech*
Dat do bedeit näischt Guddes S. 00
*opgeschriwwe vum Simone Rosen-Bonenberger*

*Steichen Mariette, Fëlschdref*
Do war et esou gemittlech S. 00
*opgeschriwwe vum Simone Rosen-Bonenberger*

*Wallers-Rykal Marie-Louise, Fenteng*
Meng éischt Spuerbéchs S. 00
Meng Tatta vu Paräis S. 00
*opgeschriwwe vun hir selwer*

*Wallers Paul, Fenteng*
Eng Schappe Mëllech S. 00
Op der Bleech S. 00
D'Nopere waren net begeeschtert S. 00
Ech war zwee Joer mat menger Mamm eleng S. 00
Mat Vëlo a Wallis an d'Evakuatioun S. 00
*opgeschriwwe vum Marie-Louise Wallers-Rykal*

*Weber John, Zolwer*
Meng Schoulzäit am Krich S. 00
Bommen a Granaten S. 00
Mëttes huet de Bierg eis gehéiert S. 00
D'Déifferdenger Scouten S. 00
Am Kannerchouer S. 00
Eischt Kommioun, deemools S. 00
Mäi Grousspapp, de selbsternannten Expert S. 00
Meng Groussmamm hat d'Iddi S. 00
*opgeschriwwe vun him selwer*

*Wies-Bredimus Madeleine, Elleng*
Schoul a Bommen S. 00
Mam Leederwon an d'Evakuatioun S. 00
Nëmmen net an eise Keller S. 00
D'amerikanesch Zaldoten: gudder a schlechter S. 00
*opgeschriwwe vun hir selwer*

*B.R., Wellesteen*
Dat ass keng Spillplaz S. 00

*E.K.K, Wëntreng*
An dunn, den 10. Mee, si se komm S. 00

*F.K., Briedemes*
Et woar eng Plo! S. 00
Eng nei Zäit ass ugebrach S. 00

*H.G., Réimech*
D’Natur woar propper S. 00
D'Wantergezei woar fir d'éischt eraus S. 00

*J.D., Réimech*
Ass dat do mäi Papp? S. 00

*M.F.K., Briedemes*
Eis Bom an hir Hausmëttel S. 00
Unzerbrechlich S. 00

*M.T., Réimech*
Mäi Brudder Carlo S. 00
Dat ass us Bréck S. 00

*M.W., Réimech*
D’Preisen hunn alles matgeholl S. 00
*opgeschriwwe vum Simone Rosen-Bonenberger*

# Billerverzeechnes

................ S. 00

## Aus dem Liewen erzielt
## An dëser Serie:

***De Vëlo ass mäi Liewen***
Dem Bim Diederich seng Erënnerungen,
opgeschriwwe vum Emil Angel

***Ewechgeblosen ass ons Suerg,***
***Vive, roude Léiw vu Lëtzebuerg***
Gedichter aus der Krichszäit, Rosalie Monceau

***Déi Gefiller sinn net ze beschreiwen!***
Erënnerungen un d'Liberatioun 1944/45







